

Also, mir müssen eis eens ginn, wat mer wëllen. Wann et drëm geet, eng gutt parlamentaresch Aarbecht ze kréien, eng rationell Aarbecht ze kréien, muss ech nach eng Kéier soen, sollte mer net à la va-vite décidéieren, hei Kommissiounen anzesetzen. Da muss ech scho prezis gesinn, wat de Mandat vun där Kommissioun ass, wat notamment de Fall ass vun där Spezialkommissioun vun der Réorganisation territoriale, déi mer geholl hunn, well mer festgestallt hunn, wann een dat an d'Intérieurskommissioun gesat hätt, dass d'Intérieurskommissioun keen anere Projet hätt kënne praktesch behandelte während deem nächste Joer. Duerfir sinn et gutt Grënn ginn, firwat d'Chamber dat gemaach huet.

Ech gesinn awer hei momentan keen zwéngende Grond, eng Ethikskommissioun nach zousätzlech zu deenen anere Kommissiounen anzesetzen. Ech mengen, dass notamment d'Gesondheetskommissioun gutt outilléiert ass, fir déi Aarbechten do ze maachen.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Den Här Bausch kritt d'Wuert nach eng Kéier.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Jo, Här President, ech wëll awer soen, ech hunn natierlech honnertprozenteg Vertrauen an den Aarbechtsäifer vun de Leit an der Santéskommissioun. Et ass net dat de Problem. Allerdéngs ass dat och net nëmme Santé, mä Santé a Sécurité sociale. An ech brauch jo awer kengem ze soen, datt wahrscheinlech spéitstens no der Ried vum État de la nation nawell zimlech vill Aarbecht op déi Kommissioun wäert zoukommen, aus deene Grënn, déi mer kennen, esou datt ech awer och der Iwwerzeegung sinn, datt déi Kommissioun relativ vill Aarbecht huet an där nächster Zäit, fir sech eleng mat deene Froen ze beschäftegen.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Et sinn ëmmer déiselwecht Leit!

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Neen, dat sinn net ëmmer déi nämlech Leit. Dat ass net wouer!

(Coups de cloche de la Présidence)

Beispillsweis, wann ech kucken, fir eis Fraktioun huet dat gutt Grënn, datt aner Leit d'Sécurité sociale maache wéi d'Santésdossieren als solches. Deelweis iwwerschnitt et sech natierlech an där Kommissioun do, mä dat ass awer net onbedéngt ëmmer glécklech. Ech mengen awer, wann eng Offer elo besteet hei fir ze soen: Kommt, mir diskutéieren eng Kéier iwwer genau den Objektiv vun där heite Kommissioun, dann hunn ech och kee Problem, datt mir géinge soen: Hei, komm mir huelen dat hei mat an d'Conférence des Présidents an da schwätze mer eng Kéier doriwwer.

Mä ech héieren awer hei zwou Sproochen eraus. Engersäits gëtt gesot: Komm mir stëmme se haut net of a mir diskutéieren doriwwer; an anerersäits héieren ech awer an deem aneren Ënnertoun: Mir lehne se souwisou of. Duerfir weisst ech awer da gär, wa mer se weisen, ob mer eng reell Chance hunn, datt déi Kommissioun agesat gëtt oder net.

Elo hätt ech gären dorop eng Äntwert. Soss loosse mer se hei ofstëmmen, soss brauche mer se jo net méi zréckzehuelen.

■ **M. le Président.** - Ech mengen, d'Vuë sinn elo kloer. Da stëmme mer driwwer of.

Résolution 1 modifiée

La Chambre des Députés,

considérant:

- qu'une commission spéciale «Éthique» a fonctionné de 2001 à 2004 sur des sujets aussi divers

que la transposition de la directive 98/44, la médecine palliative et l'euthanasie ou les organismes génétiquement modifiés;

- que des questions touchant à l'éthique et aux valeurs fondamentales d'une société doivent être traitées indépendamment de leur intérêt économique ou financier à court terme;

- que des sujets à venir tels que la recherche sur les cellules souches, les OGM et la biotechnologie en général, de même que la politique de recherche ont également de fortes implications éthiques;

décide

- de réinstaurer une commission spéciale «Éthique».

(s.) Henri Kox, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Vote

D'Resolutioun 1 modifiée ass verworfen ginn: 20 Stëmmen derfir, 39 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Niki Bettendorf.

Dann hu mer nach d'Motioun 1.

Motion 1

Den Här Kox freet d'Wuert.

■ **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Ech géif mengen, dat wat den Här Wirtschaftsminister virdru gesot huet, dass mer effektiv an der Agrarkommissioun sollten iwwert dat nach eng Kéier debattéieren - de Rapport ass jo elo weidergereecht ginn un d'Membere vun der Argrarkommissioun -, dass mer dann d'Motioun do sollten nach eng Kéier kucken an entspreichend versichen, dat dann iwwert d'Koexistenzgesetz ze maachen, esou dass mer dat haut dann net bräichten ofzestëmmen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - A wann dat net sollt de Fall sinn, menge mer, gi mer eis eens fir dann en Article unique ze maache fir eng Gesetzespropositioun.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Kox. Domadder ass d'Diskussioun iwwert dëse Projet ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5510 iwwert de Protokoll vu Kyoto. D'Riedezäit ass och nom Modell 2 festgeluecht, an d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

2. 5510 - Projet de loi relative aux mécanismes de projet du Protocole de Kyoto et modifiant la loi du 23 décembre 2004

1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre;

2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto;

3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Rapport de la Commission de l'Environnement

■ **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Här President, Här Minister, Dir Damen an Dir Hären: „Mir müssen eis trenne vun der Iddi, dass Ëmweltschutz e Luxus ass“, huet d'lescht Joer den EU-Ëmweltkommissär Stavros Dimas gesot.

Säit der Ratifizierung vum Kyoto-Gesetz vum 23. Dezember 2004 huet de Klimaschutz e Präis; e kascht a wäert virun allem eise Statsbudget ëmmer méi belaschten. Duerfir gëllt et elo déi néideg an déi richteg Mesuren ze huelen, fir dass mer eise fir déi nächst Jore scho staark strapazierte Statsbudget net iwwerstrapazéieren duerch d'Engagementer vu Kyoto, déi mer awer völkerrechtlech ze respektéieren hunn an och deementsprechend Strofen ze bezuele kréien.

Hei gëlle fir eis Virgehensweis zwee grouss Usätz, an zwar a folgender prioritärer Reiefolleg:

Éischtens, hei zu Lëtzebuerg national Emissionsreduktionsmoossenamen ëmsetzen, an zweetens, mat anere Länner Quoten-Emissionshandel am Kader vun entspreichende flexibele Mechanisme maachen.

Fir d'allgemengt Verständnis wëll ech kuerz e puer Donnéeën zum Kyoto-Protokoll an zum Emissionshandel an Erënnerung rufen.

Am Mee 1992 gouf zu New York eng UN-Konventioun ugeholl, déi zum Zil hat, de Klimawandel ze bekämpfen. Eng ganz grouss Majoritéit vun de State weltwäit huet sech an dësem Kader verpflichtet, en Effort ze maachen am Beräich vum Klimaschutz. D'Signatairé ware sech awer och bewosst, dass dës Konventioun eleng net duer géif goen, fir e reellen Impuls ze ginn. Besonnesch déi räich an héich industrialiséiert Länner, déi fir dee gréissten Deel u klimaverännerenden Emissionen responsabel sinn, waren an der Pflicht, fir konkret Mesuren ze ergreifen.

D'Resultat vun dëse Verhandlungen war de Kyoto-Protokoll, deen den 11. Dezember 1997 ugeholl gouf. Lëtzebuerg ass duebel gebonnen: Zum engen, well mir d'Konventioun an de Kyoto-Protokoll ënnerschríwen a ratifizéiert hunn, an zum aneren, well och d'Europäesch Gemeinschaft sech an dësem Kader verpflichtet huet.

De Kyoto-Protokoll gesäit vir, dass d'Industrienatiounen hir Emissionen vun Zäregase vun 2008 bis 2012 am Verglach zu 1990 am Duerchschnitt ëm mindestens 5% reduzéieren. Dësen Taux ass net fir all State gläich, esou huet d'Europäesch Gemeinschaft eng Reduktioun vu mindestens 8% zougesot.

Och innerhalv vun der Europäescher Unioun huet net jiddfereen

datselwecht Reduktiounszil. D'EU-Staten hunn doriwwer verhandelt wéi si déi Reduktioun ëm 8% Emissionen kéinten erreechen an hu fir all Land aner Ziler festgesat. Lëtzebuerg huet sech am Kader vun der EU dergéint dozou verpflichtet seng Emissionen zwëschent 2008 an 2012 ëm 28% ze reduzéieren.

Mir hunn eis am Kader vum Kyoto-Protokoll engagéiert bis an d'Joer 2012 d'Emissionen vun Zäregaser, haaptsächlech vun CO₂, op den Niveau vun 1990 zréckzeschrauwen. 1998 hu mer gemengt dat wär kee Problem fir eist Land, dëst gouf och hei an der Chamber eestëmmege ugeholl an enger Motioun, mat enger Reduktioun vun CO₂-Emissionen vun 30%. Jiddereen heibanne weess och firwat dat esou war. Duerch d'Ëmstellung vun den Héichwien op modern Elektrostolwierker hat sech eise Kyoto-Bilan um Niveau vun den Emissionen, déi vun der Industrie stamen, drastesch verbessert.

Här President, de Projet de loi 5510 ass de 26. Oktober 2005 déposiert ginn. De Statsrot huet säin Avis de 6. Dezember 2005 ofginn. Den 30. Januar 2006 sinn ech zum Rapporteur vum Projet de loi genannt ginn. An der Sitzung vum 9. Februar 2006 hunn ech de Projet de rapport presentéiert, e gouf diskutéiert an du majoritär ugeholl.

D'Zil vum Projet de loi 5510 ass d'Ëmsetze vun der Direktiv 2004/101/CE an nationaalt Recht, déi d'Direktiv 2003/87/CE iwwert den Emissionshandel am Kader vum Kyoto-Protokoll modifizéiert, wéi dëst am Gesetz vum 23. Dezember 2004 iwwert de Kyoto-Protokoll am Kader vum CO₂-Emissionshandel steet.

Et geet beim Gesetz vun haut also ëm en Aspekt vum Kyoto-Protokoll, an zwar ëm e bestëmmten Typ vu flexibele Mechanismen a Form vu multilaterale Klimaemissionsrechter fir déi Länner, déi sech gewëss CO₂-Emissionslimiten operluecht hunn an dëst aus eegener Kraaft an hirem Land bis 2012 net fäerdeg bréngen an domat Emissionsquote kafen aus Länner, déi nach Emissionsreserven hunn. Dës Mesurë kënnen an dierfen awer nëmme complémentaire sinn zu den nationale Strategien, fir d'Emissionen vun den Zäregaser am eegene Land ze reduzéieren.

De Kyoto-Protokoll gesäit verschidde Mechanisme vir fir déi Länner, déi hiert Reduktiounszil net erreechen; den Emissionshandel ass een dovunner. Wann e Stat seng Limiten iwwerschreit, kann e vun engem anere Stat, deen ënner senger Limité bleift, Emissionsrechter ofkafen. Wat d'Nofro un Emissionsrechter méi grouss ass, wat et méi deier gëtt Emissionsrechter ze kafen. Domadder gëtt en zousätzlechen Ureiz geschaf Emissionen am eegene Land ze reduzéieren amplaz Rechter bei anere Länner ze kafen.

Et gëtt awer nach zwou aner Méiglechkeete fir déi Länner, déi méi Zäregaser ausstoussen, wéi se dierften, si kënne Projeten an anere Länner finanzéieren, déi zu enger Reduktioun vun Emissionen féieren.

D'UN-Kaderkonventioun iwwert de weltwäite Klimawissel (CCNUCC) huet als Finalitéit d'Erhale vun engem weltwäite Klima, deen déi alimentaire Produktioun fir d'Ernährung vun der Weltbevölkerung an Zukunft ofséchert an dobäi d'ekonomesch Entwécklung op der ganzer Welt nohalteg weider fërdert.

Dobäi gëlle fir all Länner gemeinsam Engagementer, an zwar d'Opstelle vun Emissionsinventairen an d'Erstelle vun nationale Klimaschutzpläng.

Da gëtt den Ënnerschied gemaach, ob Projeten an engem Entwécklungsland realiséiert ginn, Länner, déi selwer net verpflichtet sinn hir Emissionen ze reduzéieren, oder ob Projekte gemaach ginn an engem anere méi entwéckelte Land, déi hir Emissionen aschränke müssen.

Am éischte Fall schwätzt ee vun „Mécanisme pour un Développement Propre“ (MDP) oder vun „Clean Development Mechanism“ (CDM). Wann en Industriestat esou e Projet an engem Entwécklungsland duerchféiert, kann e sech d'Emissionen, déi duerch dëse Projet agespuert ginn, fir säin eegent Reduktiounszil urrechne loosse. Dës Projekte si mat der Oplo verbonnen, dass domadder en Know-how- an en Technologies- transfert an dës Entwécklungslänner mat verbonnen ass.

Wann et ëm e Projet geet, deen en Industrieland an engem aneren Industrieland oder an engem Land, wat um Wee zu engem Industrieland ass, realiséiert, schwätzt ee vu „Mise en Oeuvre Conjointe“ (MOC) oder vun „Joint Implementation“ (JI). Vu dass déi zwee Länner sech verpflichtet hunn e bestëmmte CO₂-Reduktiounszil anzehalen, gëtt dofir gesuergt, dass d'Emissionsreduktioun, déi duerch de Projet entsteet, net zweemol ugerechent gëtt. D'Gaaschtland, an deem de Projet gemaach gëtt, muss sengem Partner, deen de Projet finanzéiert, sou genannten „Unités de Réduction des Émissions“ (URE) iwwerloossen, déi der Emissionsreduktioun entsprechen. Och an dësem Fall gëtt domat gerechent, dass et zu engem Technologietransfert kënnt, zum Beispill wéi a Russland duerch d'Modernisierung am Energieberäich, wou e grouss Potenzial ass a wou weéne Moyene sinn.

D'Direktiv 2004/101/CE, déi mer mat eisem Gesetzesprojet wëllen ëmsetzen, gëtt deenen zwee Typé vu Projetsmechanismen eng legal Basis a schaaft méi eng grouss Kohärenz tëschent de Projetsmechanismen an dem Emissionshandel innerhalb vun der Europäescher Gemeinschaft. Si erlichtert et domadder der Industrie an deenen eenzelne Länner hiert Kyoto-Zil ze erreechen. Während beim Emissionshandel ëmmer nëmme déi Emissionsrechter um Marché sinn, déi eenzel Stater ze vill hunn, erlaben d'Projeten an den Entwécklungslänner, déi selwer keng Limiten anhalen müssen, zousätzlech Kreditter ze kréien, wat en Deel vum Drock ewechhëlt, wann d'Nofro däitlech méi grouss wier, wéi d'Angebot un Emissionsrechter.

D'Direktiv geet dovun aus, dass et am Fong zweetrangeg ass, wou op der Welt Emissionen agespuert ginn, vu dass de Klimawandel eis all betrëfft, esou laang séchergestallt ass, dass d'Reduktioun an engem Entwécklungsland gläichwäerteg ass mat där, déi an engem Industrieland gemaach gëtt. Fir déi Länner, déi verpflichtet sinn hir Emissionen ze reduzéieren, kann et awer ënner Ëmstänn méi bëlle ginn an engem Entwécklungsland ze investéieren, well do de Reduktionspotenzial och vill méi grouss ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat bedeit dëst elo hei fir Lëtzebuerg?

Kuerzfristeg - an dat ass eng Tatsaach - ass et net méiglech d'Reduktiounszil vun 28% CO₂-Emissionen hei zu Lëtzebuerg ze erreechen. Mir müssen eis also Emissionsrechter kafen oder Projeten iwwert déi zwee beschriwwen Mechanismen an anere Länner realiséieren, déi eis dann an eiser CO₂-Bilanz zegutt geschriwwen ginn.

Eisen Emissionsniveau vun 2004 ass deem vun 1990 zimlech gläich a läit bei 12,5 Milliounen Tonnen CO₂. Mir riskéieren an deenen nächste Joren op 14 Milliounen Tonne pro Joer eropzuegoen. Erlaabt sinn nom Allocationsplang nëg Milliounen Tonne pro Joer. Fir eist Zil ze erreechen, misste mer fënnf Milliounen Tonnen CO₂ pro Joer spueren.

An der sou genannter realer „Fënnf-Joer-Kyoto-Period“, also tëschent 2008 an 2012, sinn dat deemno 25 Milliounen Tonnen CO₂,

déi mir hei zu Lëtzebuerg ze vill émettéieren, wa mir esou weiderfuere wéi bis elo. An engem realisteschzen Zeenario kënnen mir hei zu Lëtzebuerg 500.000 Tonnen am Joer spueren. Dat sinn 2,5 Milliounen Tonnen zwëschent 2008 an 2012. Mä da muss awer och eppes hei geschéien, notament am Beräich vum öffentlechen Transport an an der Albusanéeierung. Do läit Potenzial, mä d'Zäit leeft, a bis d'Joer 2012 ass dat bei esou Projekte guer kee grouss Spillraum.

Da bleiwen nach ëmmer 22,5 Milliounen Tonnen, déi mer misste kafen oder iwwer Projekten erwerben, also déi déi sou genannte flexibel Mechanismen ersetzen. An der Ëmweltkommissioun vun der Chamber ware mir eis eens, dass awer déi flexibel Mechanismen nëmme complémentaire zu eegenen CO₂-Reduktiounen hei am Land agesat ginn. Sënn vun der Saach kann net sinn, dass e Land sech fräikeeft a selwer ongebremst Zäregaser ausstéisst.

D'ONGen, déi zu dësem Gesetzprojet Positioun bezunn hunn, hu gefuerdert, dass manner wéi d'Halschent vun der CO₂-Iwwerproduktioun bäikaaft gëtt. Grundsätzlech ass d'Kommissioun mam Prinzip vun den ONGen d'accord, woubäi dee gefuerderten Taux vum Fräikafe vun CO₂ als net realistesch ageschat gouf. Richteg ass, dass alles muss gemaach ginn, fir eis eege Reduktioun hei zu Lëtzebuerg méiglechst héich ze dreien. Kuerzfristeg ass eist Aspuepotenzial awer ze staark begrenzt. Vill vun deene Mesuren, déi mir elo kënnen huelen, wäerte sech eréischt op méi eng laang Siicht positiv op eis Kyoto-Bilanz auswirken.

D'Kafe vun Emissiounen dierf awer net op Käschte vun anere Länner goen. Duerfir brauche mir kloer Kritäre fir d'Projeten am Ausland, wou d'Sozial- an d'Ëmweltimpakter musse gepréift ginn, a mir mussen an deene Länner wierklech zu enger nohalteger Entwécklung bäidroen. Eisen Ëmweltminister huet der Kommissioun zougesot d'Kritären an den zweete Plan national d'allocation vun dësem Joer anzuschreiwen. D'Kommissioun huet och grouss Wäert drop geluecht, dass d'Kyoto-Mechanismen net op Käschte vum Kooperationsbudget ginn, an ass do mat den ONGen d'accord.

Et ass positiv, wann e Kyoto-Projet zur Entwécklung vun engem Land bäidréit, dat kann awer nëmmen als Zousaz zu eisen Entwécklungsprojete gëllen. Souwéi sou si Projets d'aides au développement strikte Kritären ënnerleeën. Et gëtt keng Ausried, fir eist laangfristegt Zil vun 1% BIP fir d'Entwécklungshëllef opzeginn.

Här President, am Numm vu menger Fraktioun wollt ech nach e puer Bemierkunge maachen. Mir mussen eis bewosst sinn, dass net all Projet, deen CO₂ spuert, sozial, nohalteg an ëmweltfrëndlech ass. Wa mir Projeten am Ausland maachen, hu mir déi moralesch Pflicht genau opzepasst, dass se net am Widersproch zu eise Wäerter stinn. Kyoto ass kee Selbstzweck! Et wär eng Pervertéierung vum System, wa mir, fir eis Verlichtungen am Kader vum Kyoto-Protokoll anzehalen, Projekte géife finanzéieren, déi d'Ëmwelt zerstéieren oder méi Aarmut provozéieren a produzéieren.

Et kann net sinn, wéi dat scho verschiddentlech ze héiere war, dass mer Kreditter erwerben andeem mer d'Uplanze vu risego Monokulture vun Eukalyptus do förderen, wou ursprüngelech de Reebësch war, esou wéi dat schonn op verschiddene Plazen ze héiere war. Zwar sinn déi schnellwuessend Beem wirtschaftlech rentabel, mä et ass jo awer och gewosst, dass dës Plantagen de Buedem esou staark auslaugen, dass no e puer Kulturen näischt méi do wiisst.

Et ass normal, ënnert dem Drock Emissiounsrechter méiglechst gën-

schteg ze kafen, wäerten esou Positiounen kommen. Et ass awer d'Verantwortung vum Stat sécherzestellen, dass Lëtzebuerg keng Projeten akzeptéiert, déi negativ sozial Auswirkungen am Gaaschtland hunn, d'Biodiversitéit zerstéieren oder souguer am Kader vum Klimaschutz op laang Siicht kontra-produktiv sinn.

Et läit op der Hand, dass Lëtzebuerg nëmme verhältnisméisseg wéineg Projeten eleng maache kann, well do d'Masse critique feele wäert. Duerfir ass d'Bedeelegung u multilaterale Fongen eng wichteg Politik. Am Moment si mir an zwee Fonge bei der Weltbank engagéiert: BioCarbon Fund fir fënnf Milliounen US-Dollar a bei Community Development Carbon Fund fir zéng Milliounen Dollar. Do derniewent hu mer nach eng Bedeelegung un engem Fong vun der BERD, der Banque Européenne pour la Reconstruction et le Développement, fir zéng Milliounen Euro.

Dat mécht Sënn: Weltbank a BERD kënnen Projeten a Programmer vun enger ganz anerer Envergure géiereren, hunn Erfahrung a Moyenen. Trotzdeem entléisst dat eis net aus eiser Verantwortung a Virsiicht. Grad d'Weltbank ass net fir hir participativ Approche an der Entwécklungspolitik bekannt a stoung schonn an der Vergaangenheet oft an der Kritik weinst iwwerdimensionéierte Projeten, déi wéineg Rücksicht op d'Ëmwelt oder déi lokal Bevölkerung geholl hunn. Eier mir a weider aner Fongen investéieren, muss sech genau informéiert ginn, no wat fir enge Kritären hei Projeten ausgewielt ginn.

Ech muss et awer och kloer soen: Et ginn duerchaus Projeten, déi béide Partner zegutt kommen, beispillsweis d'Moderniséierung vu veraalten Industrieanlagen. Den Investisseur kritt Kreditter, d'Gaaschtland verbessert d'soziaalt Ëmfeld, d'Produktivitéit an d'Ekoefikassitéit vu senger Industrie. D'Investitiounen, déi an Europa Virdeeler bréngen, kënnen och an Entwécklungslänner Sënn maachen. An och do kann een an erneierbar Energien investéieren. Dann ass et och richteg, dass den Investisseur als Géigeleeschung Kreditter kritt, fir seng eegen Emissiounsbilanz ze verbessern.

Et gouf kritiséiert, d'Industrielänner géife mat esou Projeten den Entwécklungslänner eppes ewechhuelen. Dat muss net sinn, wa mir eis virun drun dovun iwwerzeegen, dass mir nëmmen do investéieren, wou et dem Gaaschtland en Notze bréngt a wou et selwer guer net an der Lag gewiescht wier ze investéieren, well d'Moyenen net do waren. Et ass wichteg, dass eng Kombinatioun vu verschiddene Formen vu Projekte realiséiert gëtt, fir dass mir souzesoen de Risiko streeën, wann emol net e Projet zu 100% réusséiert.

Um Emissiounshandel geet de Präis méi wéi wahrscheinlech drastesch an d'Luucht. Wa mir haut bei ronn 25 Euro pro Tonn leien, kann dat Ganzt sech ganz schnell verduebelen oder verdäifachen. Bei de multilateralen Investor gëtt e Präis geschat vu 7 bis 12 Euro pro Tonn CO₂, woubäi dës Präisser ni garantéiert sinn a sech domat vun der finanzieller Planung hier als schwierger erweise wäerten. Bei eegene Projeten, déi mir selwer géife maachen, sinn d'Käschte besser ze schätzen, mä dann droe mir de maximale Risiko. Wann e Projet näischt gëtt, zum Beispill duerch politesch Changementer oder Naturkatastrophen am Gaaschtland, da sinn d'Sue verluer.

Här President, et ass dofir wichteg, dass mer esou wéineg wéi méiglech op déi flexibel Mechanismen zréckgräifen. An eise eegenen Intérêt sollte mer dofir virun allem an eis Zukunft hei zu Lëtzebuerg selwer investéieren an net a Projeten am Ausland, och wann dat kuerzfristeg méi deier sollt ginn.

Op laang Siicht kënnen mir et eis net leeschten eist Kyoto-Zil ze verfeeelen. Och wa mir elo kee Prozentsaz fixéieren, fir festzeschreiwe wéi vill mir un Emissiounsrechter bäikafen, esou muss deen Undeel dach vu Joer zu Joer méi kleng ginn, mä dat muss gutt duerchduecht ginn.

Duerch méi Wuesstum an der Ekonomie kënnen a musse mir nei Aarbechtsplaze schafen an och nach nei Industrie schafen. Dat muss och nach hei zu Lëtzebuerg méiglech bleiwen. D'Industrie huet verstanen, dass hei Investitiounen néideg sinn. Si huet an deene leschte Jore konsequent moderniséiert. D'Resultat ass, dass d'Emissiounen an deene leschte 15 Joer däitlech erofgaange sinn an zugläich deelweis e Produktivitéitsgewënn festgestallt ginn ass.

Dat heescht net, dass si sech op hire Lorbeeren elo ausroue kënnen, mä d'Betriber hu gewisen, dass si bereet si sech den Erausforderungen ze stellen an dat wäerten si viraussiichtlech och an Zukunft maachen. Mir mussen awer och zur Kenntnis huelen, dass kuerzfristig hiert Potenzial, fir Emissiounen anzespieren, net méi immens grouss ass. Elo ass et um Stat an un all Einzelnen, fir seng Hausaufgaben ze maachen.

D'Haaptschold fir deen dramatischen Ustig un Emissiounen läit beim Verkéier. Stéchwuert Tanktourismus: Et ass net sënnvoll dësen zréck an d'Nopeschregiounen ze verlageren, dat ass schlecht fir eis Statsfinanzen, eis Statsrecetten a bréngt kee Gewënn fir d'Ëmwelt, déi jo keng Grenze kennt.

An ech wëll et emol ganz kloer soen: Et kann net sinn, dass mir duerch Kyoto sozialen Ofbau hei am Land bedreiwen, an den Index kann net plafonnéiert oder gedeckelt ginn, fir dass Kyoto-Projeten onméisseg kënnen gedeckelt ginn.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur*. - Do musse mer eis awer e bësse méi ustrengen a real vernetzt denken a wëssen, wou eis wierklech Prioritéite leien.

(*Interruption*)

Mir brauche massiv Investitiounen an den öffentlechen Transport. Vum Referenzwäert vun 1990 si mir am Transportberäich vun 2,59 Milliounen Tonnen CO₂ am Joer 2004 op 6,76 Milliounen Tonnen CO₂ an d'Luucht gaang. Do kënnen mir nëmmen eppes errechen, wa mer elo konsequent an den öffentlechen Transport investéieren an deen ausbauen.

Esou Projekte si kuerzfristeg deier; wann néideg mussen se eben an der Zäit gestreckt ginn. Mä dës Investitiounen stelle laangfristeg e Garant fir méi Liewensqualitéit an eise Land duer, dëst och am Sënn vum IVL. Dofir solle mir och net direkt d'Projeten opginn, wa mer haut mengen et géif ze laang dauere bis se realiséiert sinn; dofir musse si net falsch sinn. Dëst soll gutt iwerluecht sinn.

En anert Potenzial, wat mir net genuch ausschaffen, ass d'Albusanéeierung an d'optimal Energieeffizienz vun neie Gebaier. Am private Secteur mussen nei Mindeststandardë gesat ginn, eng Wärmeschutzveruerdnung. Hei muss de Stat mam gudde Beispill virgoen, wat leider net ëmmer de Fall ass.

Vill Privatleit investéieren an eng gutt Isolatioun vun hiren Haiser an esouguer an alternativ Energien. De Stat huet a ville senge Gebaier emol net duebel verglaaste Fënsteren. Duerch d'Konzeptioun vun ëmmer méi Passivhaiser kann enorm vill Energie gespuert ginn. Zum Beispill huet e bestehend Haus aus de 60er Joren en Däm-

mungswäert vu ronn 200 an e sou genannt Dräi-Liter-Haus e Wäert vun nëmme 15 kWh pro m² pro Joer.

An dësem Kontext läit d'EU-Direktiv 2002/91/CE vum 16. Dezember 2002 vir, iwwert d'Performance énergétique des bâtiments. D'Objektiver vun dëser Direktiv si folgend: d'Schafe vun enger Rechemethod iwwert déi energetesch Performance vu grouss Gebaier; d'Anhale vu minimalen Exigenzen a Saachen Energie bei neie Gebaier; d'Anhale vun de minimalen Exigenze bei Renovatiounen bei bestehende grouss Gebaier a virun allem d'Zertifikatioun vun der Performance énergétique bei dëse Gebaier. An Däitschland ass et vum Januar 2006 un net méi méiglech Haiser oder Wunnengen ouni e gültegen Energiepass ze verkaufen oder ze verlounen. Do bleift also nach vill hei ze maachen.

Dës EU-Direktiv hätt misse fir den 1. Januar 2006 ëmgesat sinn. Mir hunn an deene leschte Joren net esou an dës Beräicher investéiert, wéi mer hätte sollen. Obwuel déi budgetär Situatioun nach besser war hu mir gezéckt e puer 100 Milliounen Euro weider auszeginn an eis op déi éischt Kyoto-Period virzebereeden. Tatsächlech ginn hei grouss Zomme gebraucht an et hätt ee vläicht missen déi Diskussiounen éischter féieren, déi mir elo doriwwer féieren, wou de Stat d'Ausgabe reduzéiere kann. De Kyoto-Protokoll léisst eis kee Choix, deier gëtt et esou oder esou.

Wien an emissiounsspuerend Projeten investéiert gëtt vill Suen aus, mä och deen, deen net investéiert, muss herno am grouss Mooss Emissiounsrechter kafen a souguer Strofe bezuelen, mat deem Ënnerscheid, dass deen Éischten d'Rechnung eemol presentéiert kritt an duerno gutt op d'Zukunft preparéiert ass, während deen anere just bezuelt an näischt dovun huet.

Mir sinn elo an der Situatioun, dass mir e Konsens doriwwer hunn, dass et gutt wier e Maximum hei an eise Land ze investéieren, mä dass mir nach éiert dës Investitiounen hir Friichten droe wäerten, mussen Emissiounsrechter kafen. Während enger Iwwergangszäit wäert Kyoto eise Budget deemno duebel belastschen, an dat zu enger Zäit, wou mir souwisou e Problem hunn, d'Ausgabe vum Stat an de Grëff ze kréien.

D'Konsequenzen, déi mir aus dëser Situatioun zéien, dāerfen also kloer net sinn, dass mir hallefhäerzeg probéieren iergendwéi do erauszekommen, ouni dass et ze vill wéi deet. Och wann dat iwwer e puer Joer haart ass, musse mir de Problem mat Courage ugoen an esou schnell an esou gutt wéi méiglech dat nohuelen, wat mer versäumt hunn. Wa mir dat konsequent maachen, da packe mir et vläicht méttelfristeg Zil ze errechen an dann hu mir an e puer Joer de Qualitéitsprung gemaach, dee mir brauchen, fir och an Zukunft an Europa kënnen ze bestoen, well d'Problemer, déi mer kréien, wa mer weiderhin zécken, fir Neel mat Käpp ze maachen, gi vu Joer zu Joer méi grouss.

D'Emissiounsreduktiounen, déi vun alle Kyoto-Parteien erwaart ginn, huele jo mat der Zäit zou, an och der EU-Kommissioun hir Toleranz, déi 2008 vläicht nach do ass, wäert schnell ofhuelen, wa mer net däitlech Fortschréttler kënnen nowiesen. Onofhängeg vun eisen offiziellen Reduktionsziler musse mer kuerzfristeg zumindest crédibel nowiesen, dass mer alles maachen, wat an eiser Muecht steet, fir eise Verlichtungen nozekommen.

Et geet awer net nëmmen dorëm, déi finanziell Laascht, déi Kyoto mat sech bréngt, ze packen. Et geet virun allem dorëm, dass mer erkannt hunn, dass eise Liewensstil net nohalteg ass an dass mer viles musse grondleeënd änneren, wann och déi Generatiounen, déi no eis kommen, sollen eng akzeptabel Liewensqualitéit hunn.

De Klimaschutz ass net iergendwéi eng Bonne action, déi ee mécht fir e gutt Gewëssen ze hunn. Well ee sech weltwäit eens ass, dass de Klimawandel dramatesch Konsequenze fir d'Weltbevölkerung kann hunn, hu sech esou vill Länner bereet erkläert, de Klimaschutz zu enger Prioritéit ze maachen, och wann net all Land sech am selwechte Mooss fir dëst Zil engagéiert.

Mir mussen agestoen, dass net all Mesuren, déi eis Kreditter fir Kyoto bréngen, wierklech sënnvoll fir de Klima- an Ëmweltschutz sinn, an dass et op där anerer Säit Projekte gëtt, déi eis zwar deem groussen Zil méi no bréngen, mä awer net fir Kyoto ugerechent ginn. Dat soll eis awer net drun hënnere, wäitsiichteg an esou Projeten ze investéieren. Sou ass et richteg a gutt, wa mir hei zu Lëtzebuerg an erneierbar Energien investéieren, och wa mer domat just eisen Import vu Strom e bësse kënnen bremsen, deen eis fir Kyoto net ugerechent gëtt. Iwwert d'Grenzen ewech reduzéieren esou Projekte jo awer den Ausstouss vun Emissiounen respektiv eis Ofhängegkeet vum Atomstrom aus dem Ausland.

Natierlech huet den Ausbau vun erneierbaren Energien hei zu Lëtzebuerg Limiten, mä de Potenzial, deen do ass, sollte mer och notzen. Gläichzäitg sollte mer och Initiativen am Ausland ënnerstëtzen, déi no neie Weeër sichen, fir dass d'erneierbar Energië sech op engem liberalisierten Energiemaart behapte kënnen.

Ech denken do un e System vun den „green certificates“, wou Produzenten, déi aus erneierbare Quellen Energie gewonnen, zousätzlech zum Strom och Certificatë verkafe kënnen, déi dem Surcôut vun hirer Produktionsmethod entsprechen. Dës Certificatë kënnen da vu Stromverdeeler kaaft ginn, déi grénge Strom verkafe wëllen an och mat Hëllef vun deene Certificaten nowise kënnen, dass se effektiv mat an d'Exploitatioun vun erneierbaren Energien investéieren.

Et bleift dann ofzewaarden, ob no 2012 d'Modalitéite vu Kyoto net esou ofgewandelt ginn, dass d'Investitiounen an erneierbar Energië verstärkt valoriséiert ginn. Zumindest am Moment ass d'Ausnotze vun esou Energiequellen am Allgemengen nach relativ deier, an et misst een op déi Manéier der Tendenz entgéintwierken, erëm verstärkt op Atomenergie zréckze-gräifen. Wann een an der Zeitung liest, wat sech do zum Beispill an eisen Nopeschlänner vun der Benelux zesummebraut - wou den Här Oberweis an ech e Méindeg an där Benelux-Sëtzung waren, huet dat sech net gutt ugehéiert -, musse mir eis wierklech hei virun Aen halen, wou déi wierklech Gefore leien!

■ **Une voix.** - Si sinn nach net gebaut!

■ **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur*. - Wann een de Kampf géint de Klimawandel virun Aen huet, dann ass ganz kloer, dass eng europawäit Reduktioun vun Zäregasemissioune ëm 5% nëmmen en Ufank ka sinn. D'Europäesch Unioun huet sech mat besonnesch staark Regeln dem groussen Zil verschriwwen, well si wollt eng Virreiderroll spillen. Wann dat awer aner Staten dozou animéiere soll, selwer an déiselwecht Richtung ze goen, muss de Bilan, dee mer an Europa no 2012 zéien, iwwerzeegend sinn. Well obwuel d'Europäesch Unioun, weltwäit gesinn, fir e wichtigen Deel vun den Zäregasemissioune responsabel ass, sinn all eis Efforten ëmsoss, wann aner Industrienatiounen op laang Siicht esou weidermaache wéi bis elo.

Net zulescht duerfir ass et wichteg, dass mir hei zu Lëtzebuerg wéi versprach eise Bäitrag leeschten. Dat kann an engem éischte Moment mat Hëllef vu flexibele Me-

chanisme sinn, mä mir mussen awer gläichzäiteg duerfir suergen, dass mer eise Retard ophuelen.

Heimat bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Negri. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis ageschriwven. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis (CSV). - Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Elo wollt ech emol eng Kéier „Madame Presidentin“ soen, se ass awer net méi do!

(Interruption)

Jo, ech hätt emol esou gären eng Kéier dat och gesot!

(Interruptions)

Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech wollt fir d'éischt dem Roger Negri, dem honorabele Rapporteur, Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen an och mëndleche Rapport, deen hien hei virgedroen huet.

Et ass jo erstaunlech a sech, dass mer eis erëm eng Kéier wéi esou oft an de leschte Méint hei mam Kyoto-Protokoll beschäftegen! Jiddferee schwätzt mëttlerweil iwwert de Kyoto-Protokoll, well et einfach een Thema ass, dat ons Gesellschaft ëmmer méi bouleverséiert, well d'Energie- an Ëmweltfroen an de Mëttelpunkt vun eiser Gesellschaft ëmmer méi staark erandréngen.

Ech widderhuele just nach: De Protokoll vu Kyoto ass den 19. Dezember 1997 ënnerschriww ginn an ass haut virun engem Joer, de 16. Februar 2005 a Kraaft getrueden. An haut, ee Joer méi spéit, diskutéiere mer schonn déi nächst Etapp. Dat Ofkommes gesäit vir, dass d'Emissioun vum sechs besonnesch geféierlechen Treibhausgasen ëm 5,2% par rapport zu 1990 bis op d'Joer 2012 musse reduzéiert ginn, notamment de Kuelendioxid an och de Methan.

Lëtzebuerg war deemools ganz kéng an huet gesot: Mir reduzéieren ëm 28%. Ee Chiffer, dee muncherengem Kappzerbrieche mécht.

D'Iddi vun deem Protokoll ass awer ganz eenditeg: Mir wëllen hei gemeinsam den Opbau maache vun enger nohalteger Entwécklung vun onser Gesellschaft. Mir hu mat dem Akraafttriede vum Protokoll de 16. Februar d'lescht Joer awer eréischt en éischte Schrëtt gemaach op enger ganz laanger Etapp, op engem ganz laange Marsch. Iwwregens dat lescht Joer war, dat konnt ee liesen, dat wärmste Joer zënter den Opzeechnungen zënter 1851. A mir hunn d'lescht Joer 25 Milliarden Tonnen CO₂ an d'Atmosphär eropgeblosen. Wuelverstanen, wann ech soen „mir“, da sinn dat déi Länner aus der Sahelzon bestëmmt net, dat sinn all déi Länner, déi wéi mir d'Energie verbëtzen.

D'Konzentratioun vum CO₂ ass, den Aussoe vun de Wëssenschaftler no, esou héich wéi zënter 650.000 Joer nach net. Si klëmmt all Joer ëm 0,5%. Wann een dat rechneresch ausrechent, da verdueble mir dee Wäert an 140 Joer an da leie mer bei 750 ppm. An ech froe mech just nach: Wéi gesäit dann déi Welt aus, déi mer onse Kanner wëllen hannerloosen?

Dee Wiessel vun der leschter Äiszäit op eis heiteg Waarmzäit huet sech iwwer eng Zäitperiod vun dausende Joren higeschleeft. Dausend Joer sinn an d'Land gaangen an d'Temperatur ass minimal eropgaangen. Mir hunn et fäerdeg bruecht gehat, zënter der Aféierung vun der Dampfmaschine 1769 eis Atmosphärentemperatur ëm bal ee Grad Celsius an 200

Joer eropzedreiw. An haut gëtt gesot, wann dës Äerd, op där mer esou gäre liewen, keng bleiwend Schied soll kréien, da musse mer eis ënner zwee Grad Celsius befannen. Or, ee Grad Celsius hu mer scho fäerdeg bruecht, et bleift nach ee Grad Celsius. Dann dierften emol d'Chinesen an d'Inder froen: A wat dierfe mir dann nach maachen?

Et dierf een elo vläicht rappeléieren, dass grad eng Etüd aus dem Pentagon, dee jo net ëmmer esou op ass fir d'Geschichte vum Klima, gesot huet, dass den „worst case“ antriede kann, wann de Golfstroom géif kippen. Ech géif gären ons Westatlantikküst gesinn, wa mer Temperature géife kréie wéi am Labrador.

D'Vereenten Natiounen hunn am hallwe Januar matgedeelt, dass dat, wat jiddereen zu Montreal d'lescht Joer gefaart huet, agestratt ass. Déi éischt Insel am Pazifik am Staat Vanuatu ass ënner Waasser gesat ginn an déi éischt zwielef Mënschen hunn hir Heemecht misse verlossen. Dat sinn déi éischt zwielef vun enger ganz laanger Ketten, déi mer eis ausmole kënnen.

Ee Beispill nëmmen: Wa mer bis op 70 cm sollte goen - mir sinn haut bei 20 cm Mieresniveauehéijung -, da musse mer 60% vun der Bevölkerung vu Bangladesch evakuéieren; ech froe mech, wou si higoe sollen.

E ganz wichtegt Element an dësem Ëmdenprozess ass d'Energieofhängegkeet vun onser Gesellschaft. Déi international Energieagence huet nogewisen, dass bis 2030, also nach 24 Joer, den Energieverbrauch ëm 50% - vun haut gekuckt - wisst; an ech wëll mer net mat lech ausmole wéi dann dës Welt ausgesäit.

D'Europäesch Kommissioun huet schonn öfters op d'Energieofhängegkeet vun onse 25 Länner higewisen. Mir sinn haut scho bei 50%, wat den Äerduelech ubelaangt, ukomm an et ass ausgerechent ginn, dass mir bis 2020 bei ronn 70 bis 75% leien wäerten. Wann een da bedenkt, dass an der Nordséi d'Förderquellen hire Maximum schonn 1999 erreecht hunn a mir elo den Éclat schonn erliewen. Mir kënnen net méi erwaarden, dass d'Energie virun eiser Dier nach genotzt ka ginn; et ass quasiment geschwënn näischt méi do.

Dat heescht, mir dreiw. eis alleguerte lues awer sécher an eng Energieofhängegkeet, déi dramatesch fir ons westlech Gesellschaft gëtt, well eben d'Energieressourcë bei Länner leien, déi eis net ëmmer ganz - wéi ee bal kënnt soen - gutt gesénnt sinn.

An d'Ursaache si ganz eindeuteg mir selwer. Duerch ons Heizungen, duerch den Individual- an de Camionsverkéier, deen all d'Mosse sprengt. A wat den Äerdgas ubelaangt, si mer keen Cent besser, well do leie mer haut scho bei 50% a mer klammen och op 75%.

Et ass dach erstaunlech, dass d'lescht Woch beim G8-Sommet zu Moskau d'Finanzministere beienee komm sinn a gesot hunn, dass si wuel keng Angscht hätten iwwert d'Relance vun der Weltwirtschaft, sech awer immens bedeckt halen a Bedenken hunn iwwert d'Energieversuergung vun onse Länner hei. Ausser Russland huet scho quasiment emol kee méi Energieressourcen; mir gi jo bal all Energie akafen.

Och d'Vertrieder vun dem FMI, dem Fonds Monétaire International, hunn déi Bedenke gedeelt an hunn da vu makroekonomesche Perturbatiounen geschwat, wéi mer si bis haut nach guer net kannt hunn.

A wéi gesäit et dann elo aus bei de fossilen Energien: Pétrol, Äerduelech a Kuel? Mat dem heitege Wëssensstand sinn déi nach fir 45, 65 an 200 Joer do. Dat ass genau déi Zäit, déi mer hate vun der Dampf-

maschine bis haut. An da sinn - mam heitege Wëssensstand - déi Ressourcen alleguerten erschöpft an da kann ee sech froen: Wat maachen déi dann, déi no ons kommen?

Et muss ee sech déi Fro hei stellen. An déi ass pertinent a misst an alle Gesprecher eropkommen. Well wëlle mer nach eng Kéier an d'Energiefal tappe wéi 1973 oder wéi 1979? Mir haten déi zwou Äerduelech Krisen, mir hunn dat zwar vun ons ewechgedoen a gesot mir packen dat alles. A wat hu mer gepackt? Mer hunn eng Ofhängegkeet, déi dramatesch ugewuess ass.

An hei zu Lëtzebuerg? Mir importéiere quasiment all Energien aus dem Ausland, dat heescht all ons Secteure vun der Wirtschaft sinn dramatesch ofhängeg vun den Energiepräisser, déi net ophale mat klammen. Och wann elo de Präis vum Pétrol e bësse fällt, huet dat awer näischt ze soen, dat ass eng Funktioun, déi dauernd an d'Luucht geet.

Dofir sollte mer am Kader vun dëser Debat hei iwwert de Kyoto-Protokoll dësem Punkt eng grouss Bedeitung bämoossen, well de virleende Gesetzesprojet ass jo nëmmen e weidert Glidd an enger laanger Ketten.

An heimat soll jo och d'EU-Direktiv vum 27. Oktober 2004, déi den Emissiounshandel vun den Dreifhausgasen modifizéiert, an dat nationaalt Recht ageschriww ginn; d'Gesetz vum 23. Oktober 2004 soll hei op e puer Punkte kompletéiert ginn.

D'Klimakonferenz zu Montreal huet jo festgehalen - an dofir si mer haut hei beieneen -, dass mer elo déi flexibel Mechanismen a Kraaft setze kënnen. Niewent dem Emissiounshandel kënnen och elo d'Bereiber - dat war schonn ab Januar d'lescht Joer de Fall - oder d'Länner, déi hire Verflichtunge bei sech doheem net nokomme kënnen, bis 2012 Projeten am Beräich vum Klimaschutz mat aneren Industrielänner, mat Schwelleländer oder Entwécklungslänner opbauen.

Bevir ech op dee Volet awer kommen, nach e kleng Rappel vun de Chifferen, déi vläicht schonn ugeklonge sinn. Ech rappeléieren d'Chifferen nach eng Kéier kuerz, well hei muss ee se effektiv e puermol rappeléieren, fir dass all Mënsch versteet a welcher Situatioun mer eis mëttlerweil befannen.

Am Joer 1990 - am Referenzjoer - hate mer 12,5 Milliounen Tonne Kuelendioxid émettéiert, am Joer 2004 12,6 Milliounen an d'lescht Joer 2005 ware mer scho bei 13 Milliounen. Am Joer 1998 hate mer et gepackt fir op 8,5 Milliounen zrëckzagoen, well d'ARBED op d'Elektrofilie ëmgestallt hat.

A wann een dann de Kyoto-Protokoll kuckt, da kritt ee gesot, mir kënnen bis 2012 - no der Referenzperiod - nach néng Milliounen Tonnen émettéieren - ech widderhuele mech hei -, nach néng Milliounen Tonnen. An haut si mer bei 13 Milliounen Tonnen an an deenen nächste Jore klammen déi vläicht op 14 Milliounen erop. An dat ka jo net gutt ausgoen.

Dat gëtt also eng Fal an déi mer erantappen an dofir sollte mer vun haut u schonn all Hiewelen a Bewegung setzen, fir do erauszekommen. Wa mer eis virstellen, mir hätte fënnf Milliounen Tonnen, da bedeit dat fir déi Zäitspan 2008 bis 2012 25 Milliounen Tonnen, déi mer ze vill émettéieren.

No dem éischten Allocationsplang vum Joer 2005, deen dauert bis Dezember 2007, musse mer Emissiounszertifikate fir all Tonn CO₂, déi mer émettéieren, virweisen. D'Industriepartnern, als Éischt vun der Ketten, hunn 3,1 Mil-

liounen Tonnen zougestane kritt. Wann also elo eng Installatioun do-bausse manner CO₂ émettéiert wéi zougestanen, da kann dee Betrib dat um Weltmarché geltend maachen a verkafen an domat also Geld verdéngen.

Ëmgedréit awer, wa si der méi émettéieren, wa si also hir Kontroll net méi driwwer hunn, da musse si um fräie Marché kafen. Déi Tonn géif da 40 Euro kaschten an der éischter Zäit an 2008 bis 2012 schonn 100 Euro d'Tonn. Mir kënnen eis also virstelle wéi genau elo d'Industriepartnern hir Emissioun kontrolléieren, fir do net immens vill finanziell Mëttelen ze verléieren. Well bei der Industrie muss all Euro ëmgedréint ginn. An do kann ee soen, wa mer dann d'Partner „Industrie“ huelen, dass do an den nächste Joren net méi vill dran ass, well si enk kalkuléiere mussen.

A wann een da bedenkt, déi fënnf Joer déi mer virun eis hunn, dass mer all Tonn, déi ze vill émettéiert gëtt, mat 25 Euro - kleng ugesat - musse bezuelen, da misste mir 625 Milliounen Euro op den Dësch leeën. An déi Sue feelen eis fir hei am Land aner wichteg Aufgaben duerchzéieren, an dat bei reduzierte Finanzen.

Si mir eis dees iwwerhaupt bewosst? An ech mengen, et ass eng batter Tatsaach, dass mir elo fir d'Ëmsetzung vum Kyoto-Protokoll vill Geld musse lacker maachen. Mä et soll ee keng Schuldzuweisung maachen. An trotzdem misst ee sech froen: Hätte mer net alleguer zesummen méi Tapage an der Vergaangenheet misse maachen? Awer et ass elo ze spéit, mir mussen elo no vir kucken.

Hu mir da vläicht och hu mir dann iwwerhaupt eng reell Chance aus dësem Däiwelskrees erauszekommen? Ech menge Jo. Mir hu ganz massiver, wa mer alleguer soen: Mir wëllen deen Challenge packen!

Jo, soen ech ganz kloer, an zwar iwwert de Wee vun de Mechanismen, déi jo opgezeechent si ginn, dat sinn Emissiounshandel oder den CDM oder den „joint implementation“; ech kommen nach dorop zrëck.

Ech hunn awer gesot: Vergiesse mer d'Industriepartnern, si kënnen net méi ganz vill bäisteieren, si hu ganz vill scho gemaach, genau wéi eis PMEen, déi hunn och misen enk kalkuléieren a si wäerten och kee ganz grousst Aspuepotenzial hunn.

Mä, au contraire, am Individualverkéier an am Camionsverkéier hu mer nach e ganz grousst Aspuepotenzial. An ee vun de Voleten - de Roger Negri huet e schonn ugesprach - ass ganz kloer den öfentlechen Transport ÖPNV. Hei musse mer, wéi mir am Minett soen, Neel mat Käpp maachen. Mir mussen den ÖPNV esou attraktiv maachen, dass mer et fäerdeg bréngen, dat Zil, dat mer eis gesat hunn, de „modal split“ vu 25%:75% ze erreechen. Dat dauert eng Zäit, mä mir sollen all gutt Mesure, déi ergraff gëtt, ënnerstëtzen an net ëmmer muedebëtzig rieden, wéi een dat heiansdo am Land gesäit. Villes géif gemaach ginn, mä et gëtt ëmmer erëm zeriet am Ufank, amplat et op d'Schinn ze setzen an emol ze kucken, wat ee maache kann.

Eng héich Bedeitung - et ass viru 14 Deeg hei gesot ginn - huet de Vélosverkéier. Déi soll een ënnerschätzen. Mir sollen den Auto doheem loossen, amplat fir all Distanz esouguer ënner 2 km ze benotzen. Da kommt mir ginn a maachen och d'Stied an d'Land do-bausse vélosfrëndlech.

Wéi gesot, ech hunn et schonn e puermol hei gesot, ech widderhuele mech dann hei nach eng Kéier: D'Eisebunn ass fir mech e Réckgrat vun der ganzer Mobilitéit. Mir hu jo gesinn an de leschte Méint wéi vill d'Leit ëmgeschwonge sinn, wéi dat flott Zuchmaterial komm ass. Mir gesinn do ganz einfach de gudde Wëlle vun de Mënschen.

Ech kann och, well ech selwer mam Bus deelweis fueren, ëmmer feststellen, wéi wéineg Leit iwwert d'Augmentatioun vum Tarif soen. Si soen awer: Wa mer scho musse méi bezuelen, hätte mer gär eng Pist, dass mer méi schnell an d'Stad kënnen kommen, da musse mir och kënnen e Plus verspieren, wa mer den ÖPNV benotzen. Dat wier en Opruff un eis Regierung fir elo ze soen, dass déi dann emol eng Kéier Preferenzen hunn, déi den Auto net benotzen.

Vläicht sollt een och hei emol undeiten, et ass vu Planung geschwat gi fir déi Joren, déi elo komme wäerten. D'Eisebunnstreck Esch-Lëtzebuerg mécht Sënn, wa mer dee Wee vun der Universitéit op Esch-Belval wëlle goen. Do hätte mer dann eng direkt Verbindung Esch-Lëtzebuerg, an och vläicht dann den Norden. Dann hätte mer déi grouss Ballungszentren vum Lëtzeburger Land op enger flotter Schinn matenee verbonnen. Mä mir héieren nach vläicht dozou nei Gedanken.

Mä ee Problem, dee mer hunn, dat sinn ons 110.000 Pendler. Ech mengen, mir mussen och si invitéiere matzemaachen. Éischt Usätz si gemaach ginn. Am IVL hunn ech gelies: Mir musse Park & Ride-Parkplazen an der Peripherie vun der Stad bauen an awer och an der Grenzregioun. Mir mussen d'Pendler invitéieren op eng flott Aart a Weis den Zuch oder de Bus ze huelen, fir an d'Stad schaffen ze kommen.

Ech kommen dann zum Autosverkéier. Dat dierft jo haut dat Thema Nummer 1 sinn. Am Joer 1990 hate mir eng Emissioun vun 2,6 Milliounen Tonnen an am Joer 2004 scho 6,7 Milliounen Tonnen. Am Transitverkéier hu mir fënnf Milliounen Tonnen CO₂-Emissiounen a mir selwer si fir 1,5 Milliounen Tonne responsabel.

Mir wëssen alleguerten: Den Tanktourismus ass den Ausrutscher. Mir hunn dat goe gelooss. Dat kënnen mer haut net verkennen. Mä mir mussen awer bedenken, duerch dee floréierenden Handel kritt de Statssäkel 20% vu sengem Akommes. A wéi vill Sozialleeschungen decke mer domadder of? Wa mer dat da wëllen änneren, da musse mer och de Courage hunn, de Leit ze soen: Sout, Dir Herrschaften, elo wëlle mer et aneschters maachen! Mä dat ass e Prozess, dee mer haut ufänken, a mir hu jo nach genuch Zäit esou munches an d'Wee ze leeden.

(Interruption)

Déi ugekënnegt Autostax kann ech nëmme begrëssen, wann emol eng Kéier de Courage geholl gëtt elo ze soen: Mir huelen déi an d'Verantwortung nom Principe Pollueur-payeur, déi méi CO₂ émettéieren, wéi all déi aner. Déi, déi elo e Russpartikelfilter abauen, musse mer net belounen, mä mir solle se awer beluewen, dass se et maachen.

Ech wëll hei vläicht kuerz erwähnen, wat d'Europäesch Kommissioun an engem Wäissbuch zum Verkéier gesot huet: 72% vum Marchandiséverkéier a schonn 92% vun dem Personentransport ginn an der Europäescher Unioun iwwert d'Strooss ofgewéckelt, dovun e klengen Deel iwwert d'Eisebunn. Grad an deem Zusammenhang ass d'Eisebunnverbindung fir d'Marchandisé vu Beetebuerg op Perpignan elo eng wichteg Mesure. D'Europäesch Kommissioun huet ausrechne gelooss, dass eleng de Stau an Europa, dee sech all Dag ofspillt, 1% vum Bruttosozialprodukt ausmécht. Dat si fir d'Europäesch Unioun 100 Milliarden Euro, déi mir am Joer duerch ons Staue verléieren.

E wichtegt Element ass awer och an deem Zusammenhang d'Bereetstellung vun de Biokraaftstoffer. Hei huet d'Europäesch Kommissioun an hirem Wäissbuch dozou invitéiert, dass mer bis 2010 ongeféier 5,7% iwwert d'Biomass sollen asetzen.

Leider mussen mer awer feststellen, dass an de Privathaushalten an an de Stats- a Gemeengegebaier an de leschte Jore villes versäumt ginn ass. Mir hunn et net fäerdeg bruecht den Energieverbrauch drastesch erofzesetzen. An hei läit nach e ganz grousst Potenzial, dat mir an de kommende Jore massiv mussen ausbeuten.

Duerch déi nei Wärmeschutzveruerdung - mir waarden alleguer sehnlechst dorobber, well si muss elo geschwë kommen, de 4. Januar war den Émsetzungsdag - kann een dervun ausgoen, dass mer an deenen nächste Joren honnerttausende vun Tonne kënnen aspueren. Mir sollen duerfir weider finanziell Mëttelen ubidden, well all Liter Fuel an all Kubikmeter Gas, dee mer net verbrennen an de Stats- oder an de Gemeengegebaier, spuert ons 3 kg CO₂. Emol iwwerleën: Wann ech en normaal Haus huelen, wou ech duerch eng einfach Isolatioun vum Daach erreechen, dass ech am Joer 300 bis 400 Liter Fuel manner verbrennen, da spueren ech 1.200 kg CO₂. Een Haus eleng! A mir hunn der jo ewell vill am Land stoen, déi mer kéinte sanéieren.

Mir spueren dann zweemol: Haut, well mer manner Energie akafen, a muer, well mer net méi an d'Kyoto-Keess mussen abezuelen. A grad d'Wärmeschutzveruerdung léist mer dann esou en Zukunftsbléck, wou den Émweltminister an de Wirtschaftsminister ganz enk matenee schaffe kënnen. Et muss eis also eescht gemengt sinn, wa mir de Verbrauch vun thermescher Energie an eise Gebaier a Privatwunnenge reduzéiere wëllen.

Et ass gesot ginn, duerch d'Afféiere vu sou genannten „Energieverbrauchskennzuelen“ an de Gebaier kënnen mer kontrolléieren, wéi vill dann elo effektiv verbraucht gëtt. An hei, mengen ech, sollte mer vun haut un eis Gemengen invitéieren - mir hunn der 116 am Land. All Gemeng soll, et sinn der jo, déi et scho maachen - eng Bilanz erstellen, Joer fir Joer, iwwer hir CO₂-Emissiounen. Vlächit kënnen mer och souguer e kleng Ranking maachen. Mir géifen einfach probéieren erauszefannen: Wéi ass dann d'Pro-Kapp-Emissioun an de Gemengen? Fir do emol eng Kéier de Leit ze weisen, wéi vill se an hirer Gemeng Guddes gemaach hunn, an déi aner invitéieren, deene gudder Beispiller nozeäifere.

Ënnersichunge weisen, dass an eisen Haiser a Gebaier bis zu 30% a souguer bis zu 50% agespuert gëtt. An hei, mengen ech, sollte mer vun haut un eis Gemengen invitéieren, deene gudder Beispiller nozeäifere.

De Wee vun der Kogeneratioun ass oft hei beschwat ginn. Et ass a mengen Aen e ganz gudden Outil, fir ebe mat héijem Rendement eis Energie ëmzesetzen, fir Stroum a Wäermt bereetzestellen. An da sollte mer de Courage och hunn iwwert d'Biomass Nowärmenetzer opzebauen, an do d'Holz aus eise Bëscher anzesetzen. Mir sollte wierklech de Courage hunn, fir drop opmierksam ze maachen, fir mat Holz a mat der Sonn ze bauen.

Déi zwee Reglementer, déi d'lescht Joer jo nei geschriwwen si ginn, hu sech am Spezielle beschäftegt mat der effizienter Energienotzung, der Biomassennotzung, der Albusanierung an dem Bau vu Passiv- an Niddregenergiehaiser. Et ass dach awer erstaunlech, dass an engem Joer, no 2005, all déi 500 Wunnen, déi mer proposéiert hunn, schonn allegueren ewechgeholl si ginn. Dat heescht, mir misste quasi emol nach eng Kéier e Programm bis 2007 noschéppen. Well a ville Gemengen, wann een d'Gemeengerotsbicher liest, gëtt immens vill op de Wee vun den Niddregenergiebauweise gepocht.

Och e klengen Hiweis hei: D'Fakultéit vun de Wëssenschaften op der neier Uni huet sech mat deem

Thema beschäftegt an ass amgaangen e Projet duerchzeféieren, wou d'Gebaier ënnersicht ginn, déi vum Joer 1996 u gebaut si ginn, fir emol dat ze kontrolléieren, wat deemools geplangt gouf a wat haut effektiv agespuert gëtt. Vergiesse mer och net de Beräich vun den erneierbaren Energien, dat ass d'Wand- an d'Solarenergie.

Hei mussen mer couragéis Schrëtter maachen, notament an der Fotovoltaik, déi a leschter Zäit oft belächelt ginn ass. Mä nach eng Kéier sollte mer eis virun Aen halen: All kWp, dee mir op eis Diecher bauen, an domat CO₂ spueren, spueren mer och europawäit. Well, wa mer et net maachen, da bezéie mer Stroum vun onse Kolleegen an Däitschland, déi domadder hir Awunner misste mat CO₂ belaschten. Also och eisen Input européien sollte mer eis do emol nach eng Kéier virun Aen halen.

Ech hu gesot, mir sinn am Land scho ganz wäit. Et war gesot ginn, bis 2010 mussen mer 5,7% vum Stroumverbrauch am Land iwwer erneierbar Energien notzen. Mir sinn haut scho bei 5,4% am Cege-del-Netz. A wa mir elo higin an déi 15.000 kWp, déi nach opstinn, an déi Wandenergieanlagen, déi mer zu Mompech an am Réidener Kanton wëlle bauen, da soen ech, da packe mir déi 5,7% spillen bis 2010.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Dann dærf de Konsum awer net an d'Luucht goen, Här Oberweis.

M. Marcel Oberweis (CSV). - Mir probéieren dat an de Grëff ze kréien.

Interessant ass awer folgend Ausso: Enger Émfro vum Eurobarometer vum Januar 2006 no hu sech 60% vun de Lëtzebuerger erkingt ze soen, dass si méi bezuele wëlten fir erneierbare Stroum. Dat hunn d'Leit gesot. A wann ech da gesinn - an ech sinn iwwerrascht doriwwer -, dass am leschte Joer bei der Cege-del iwwert den Nova Naturstrom 5,7 Milliounen kWh bezu gi sinn, bei engem Konsum vu 4,8 Milliarden, da soll kee mir soen: Ech sinn émweltfrëndlech a géif méi bezuelen.

Och eis Land- a Forstwirtschaft kann e Bäitrag leeschten, zum Beispill duerch d'Uplanze vun Energieplanzen op Terrainen, déi broochleien. Och där hu mer hei am Land an do kéinte mer zum Beispill mat Leit, déi keng Aarbecht hunn, eng ganz interessant Aufgab duerchzéien. An net vergiessen, all Kubikmeter Buchenholz vun eise Bëscher bënnt 1 Tonn CO₂. Dofir sollte mer massiv eis Bëscher sanéieren, fir dass se CO₂ bannen.

Ech hu gesot, mir sollen dat gesatent Zil vun 28% mat Zouversicht ugoen. Sécher gëtt et schwéier, dat nëmme mat nationale Mesuren erreechen ze kënnen. Dofir huet de Kyoto-Protokoll Mesurë virgesinn. Am Joer '97 ass dat gesot ginn, dat sinn déi zwee flexibel Mechanismen, dat ass engersäits d'Kooperatioun mat Schwellenländer an d'Kooperatioun mat den Entwécklungslänner.

Et ass och dofir en extrae Fong geschaf ginn, dee mer mat Milliounen Euroen dotéiert hunn, fir eben do Paroli ze bidden, duerch déi Projeten. Maache mer eis awer näischt vir. Fir dës Projeten duerchzeféiere mussen d'Entrepreneuren an eist Land e seriösen Dossier presentéieren. An esou einfach ass dat guer net, well do gëtt et nämlech e Comité zu Bonn, deen déi Projeten ënnersicht, an dat ka bis zu néng Méint daueren, bis esou e Projet analyséiert an op de Wee bruecht ginn ass. Well mir mussen jo bei deenen anere Länner och de Wëllen an d'Mesuren ergräifen, fir déi Projeten duerchzeféieren.

Mat der sou genannter „mise en œuvre conjointe“, dem „joint implementation“, kënnen mir engem industrialiséierte Land ënnert d'Äerm gräifen. Mir kënnen esou d'Emis-

sione vun den Dreifhausgasen erofsetzen. Dat Land, Lëtzebuerg zum Beispill, dat do Gelder investéiert, ka bei sech déiselwecht Meng dann un agespuerten Dreifhausgasen als „unités de réduction des émissions“ guttgeschriwwen kréien.

Do ka Lëtzebuerg zum Beispill ganz einfach, wann et geet, an der Ukrain an e Kuelekraaftwierk investéieren. Wat maache mer do? Mir bauen do nei Technologien an nei Filteren an. Wat erreeche mer domadder? Eppes fir ons Keess a wat wichtiger ass, mengen ech, eppes fir d'Liewensqualität vun de Mënschen an deene Géigenden, déi keng esou propper Émwelt hunn, wéi mir se schonn hunn.

An den Entwécklungslänner, géif ech mengen, hu mer nach méi ze dinn. Do kënnen mer de Mechanismus fir eng émweltverträglech Entwécklung asetzen, de sou genannten CDM. Wa mir an engem Entwécklungsland e Projet ënnerstëtzen, duerch deen d'Emis-sione vun Dreifhausgasen do reduzéiert ginn, da kréie mir dat als Klimazertifikater guttgeschriwwen.

Ech nennen e puer Beispiller. Esou kann een duerch de Bau vu Wandenergieanlagen elektresch Energie produzéieren an et muss een net, wéi déi meescht Länner et maachen, op Mazout zréckgräifen oder op schwéiere Fuel, well domadder d'Émwelt vun de Mënschen nëmme immens belascht gëtt.

En anert Beispill, dat vill méi einfach ass: Mir kënnen an der Sahelzon Aluminiumsolarkocher asetzen. Dat si genau aacht Paletten aus Aluminium, wou mer de Mënschen da kënnen d'Sonnenenergie bereetstellen, fir hirt lesse waarm ze maachen. Da mussen do net Mazout-, Petroleum- oder Gaskocher agesat ginn. All Solarkocher reduzéiert am Joer véier Tonnen CO₂.

Wat nach vill méi wäertvoll ass an där ganzer Geschicht, mir kënnen duerch esou Projeten d'Fraen an d'Meedercher vun enger penibeler Aarbecht fräi maachen, nämlech dass si Brennholz mussen iwwer Kilometere sammelen an dat deeglaang. Si brauchen net méi op hirem Kapp an um Réck d'Holz erbäizeschleefen a kënnen sou och d'Erosioun vun hire Géigende reduzéieren.

Une voix. - Très bien.

M. Marcel Oberweis (CSV). - Et kann een och duerch déi sou genannte Fotovoltaikanlage Stroum produzéieren. Fir wat ze maachen? Ma fir hinnen Wasser aus de Pëtzer bereetzestellen.

Ech hu gesot, mir kënnen iwwert d'Fotovoltaik ganz vill maachen, well mer de Mënsche Stroum ginn. An Afrika leeft zum Beispill een Drëttel vun der Populatioun laanscht d'Küsten. Mir kënnen Mierwaasser iwwert d'Osmose ëmsetzen an esou Drénkwaasser bereetstellen. Dat, wat mir hei verbëtzen, ass bei deenen e Schatz. An erëm eng Kéier wäeren d'Fraen an d'Meedercher entlaascht vun enger penibeler Aarbecht, nämlech op hirem Kapp, an dat während Deeg, Waasser ze droen.

Dat Wichtigst dobäi ass Folgendes: Wa mir do Stroum hibréngen, da kënnen mir deene Mënschen endlech Schoulbildung ginn; mir kënnen duerch de Projet „Stroum“ Schoul- a Bildungsprogrammer an déi Länner bréngen, an domadder stoppe mer d'Landflucht aus den Dierfer.

Wa mir dës Klimaschutz-Programm opbauen, da kann eppes passéieren: Mir ginn de Mënschen do ënnen eng Chance a mir stoppen d'Migratioun. Wa mer näischt maachen, da mussen mer erwaarden, dass déi Mënsche muer bei

ons kommen a froen: Wat hutt Dir fir ons gemaach? An do mussen mer wahrscheinlech soen: Net ganz vill.

Dofir solle mir och dat eent Thema, wat ugesprach ginn ass, déi Sanierung vun der Mülldeponie zu El Salvador, net muedebëtzen rieden. Et ass ee Schrëtt, well wat erreeche mer domadder? Mir kënnen de Mënschen do ënnen och eng besser Liewensqualität an ech géif souguer soen eng besser Liewens-freedom ginn. Well wa mir vu Liewensqualität hei schwätzen, dann ass dat fir déi Mënschen do ganz oft Liewensfreedom.

Ech kommen dann zum Schluss vu mengen Ausféierungen. Ronn 20% vun der Weltpopulatioun, dat sinn 1,2 Milliarden - dat si mir allegueren hei -, déi verbrennen 80% vun de fossilen Energieträger. 80% huele mir an Usproch, fir ze fueren oder fir ons Haiser waarm ze maachen. Zwou Milliarde Mënsche kennen dat Wuert Energie iwwerhaapt net. Déi hu guer keen Accès dozou. Dat sinn och déiselwecht Mënschen, déi haut schonn dramatesch ënnert dem Klimawissel leiden.

Huet net d'UNO an hirem Millen-niumszil gesot, mir mussen probéieren, dass 50% vun de Mënsche bis 2015 och eng Liewensqualität kréien, wéi mir se hunn? Huet net den Dokter Klaus Töpfer, vun dem UNO-Programm fir Émweltprojeten, d'lescht Joer hei gesot, de 24. Mee, dass mer den Entwécklungslänner och mussen déi modern Technologie ginn, déi sou genannten Ecotechnologien, déi mir och bei ons benotzen? Mir mussen hinnen se och ginn, well et ass jo grad bei hinnen, wou sech d'Konsequenze vun dem Klimawandel dramatesch bemierkbar maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch Fuerschung an Innovatioun packe mir et, fir fir de gefuerdete Wirtschaftswuesstum, d'sozial Entwécklung an den Émweltschutz déi Léisungen ze fannen, duerch déi all Mënsche Profit kënnen zéien. Hei muss ënnerstrach ginn, dass d'Émwelt net géint d'Wirtschaft ausgespillt dierf ginn, well béid si Partnere vun där-selwechter Medail. Hale mer eis dat gutt virun Aen!

Wa mir also d'Erausfuereunge vun dem Kyoto-Protokoll heiheem meeschtere wëllen, da mussen mir elo eng Strategie ausschaffen, déi eis bis 2012 wäert begleeten. Mä opgepasst, duerno kommen och nach Joren a mir sollten elo schonn ufänken nozedanken, wat mer dann no 2012 maachen.

Mä fir dat ze realiséieren, mussen mir et awer packen - do ass d'Politik gefuerdert -, dass mer Länner wéi China, Indien, d'Vereenegte State vun Amerika, Mexiko an Indonesien och an dat Boot eranhuelen, well si mussen do matmaachen. Et ka jo net sinn, dass Europa eleng déi Weeër geet, wou anerer näischt wëlle matmaachen.

Mir mussen eis awer allegueren un dee Gedanke gewinnen, dass déi Zäit eriwuer ass, wou mer bëlleg Energie haten. Déi Zäit ass effektiv eriwuer a mer mussen elo de gefuerderte Wee vun der nohalteger Entwécklung mat Courage ugoen. Dat däätscht Wuert fir Courage, d'lwersetzung vu Courage ass jo Mut, dat heescht „M“, „U“, „T“: „Mënsch – Umwelt – Technologie“. Mir mussen de Courage hunn, dat ze maachen, awer zesummen.

Ech mengen dofir, de Klimawandel muss bei ons allegueren e Mentalitéitswandel ervirueren. Eréischt dann erreeche mer et.

Niewent eisen Hausaufgaben, déi vun elo un ze maache sinn - dat gëtt net einfach -, kënnen a solle mer op déi flexibel Mechanismen aus dem Kyoto-Protokoll mat Verstand a Respekt zréckgräifen. Si maachen de Wee op, fir de Mënsche bei eis méi eng grouss Liewensqualität ze garantéieren an awer den Entwécklungslänner oder Schwellenländer méi eng

grouss Liewensfreedom ze ginn. Duerch de Kyoto-Protokoll huet ons Émwelt endlech e Präis kritt. Mir wëssen allegueren elo, wat et kascht, notament d'Lëtzebuerger wëssen et elo.

Ech hu gesot, wa mer dovun ausginn, dass jiddfer Lëtzebuerger am leschte Joer 29 Tonnen CO₂ émetéiert huet, da ka jiddfer sech jo ausrechnen, wéi vill hien an déi Keess misst bäisteieren, fir eng besser Émwelt ze kréien.

Ech mengen awer och, et wär e wichtige Punkt hei ze erwähnen, dass et eng vun den Hausaufgaben vun deem neie Conseil supérieur vun Développement durable ass, deen d'lescht Joer agesat ginn ass, dass dee sech och mat där Thematik hei ausernee setze muss.

Mir kënnen eis och um Beispill vu Schweden orientéieren, déi virgëschter gesot hunn, si maachen eng Strategie 2020. 2020, da wëlle si als éischt europäesch Land onofhängeg si vun de fossilen Energieträger. Deem kënnen mer jo noäifere. Kommt, mir ginn eis einfach gutt drun!

Ech wëll awer och hei mat engem Zitat ofschléissen, vum Dom Hélder Cámara, dem Bëschof aus Latäinamerika. Hien huet gesot: „Wann ee Mënsch dreemt, da bleift et en Dram, mä wa vill Mënschen datselwecht dreemen, da gëtt et Wirklechkeet.“

Une voix. - Très bien! Très bien!

M. Marcel Oberweis (CSV). - Zum Schluss vu mengen Ausféierungen wëll ech nach just soen, dass d'CSV-Fraktioun iwwerzeugt ass, dass dës Erausfuereung mat Courage ugepaakt gëtt. Vergiesse mer net: Ons Elteren a Grousselteren hunn nach vill méi gepackt. Dat heite si Peanutts géint dat, wat si gemaach hunn.

Ech bréngen och den Accord vun der CSV an dësem wichtige Projet mat globaler Portée. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Oberweis. Den nächste Riedner ass den Här Emile Calmes. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass deem nach schwéier eppes bäizefügen, wat alles hei gesot ginn ass. Trotzdem wëll ech dem Rapporteur félicitéiere fir säi gudder schrëftleche Rapport an och säi perfekte mëndleche Rapport, wou bal alles gesot ginn ass, wat ze soe war.

Ech mengen och, dass dat Gesetz hei fir Lëtzebuerg iwwerhaapt wichtig ass, well et eis ganz einfach gemeinsam Regele gëtt an de 25 EU-Länner fir déi flexibel Mechanismen, dat heescht fir déi Emissiounsreduzierungen, déi mer a sech net doheem kënnen maachen. Fir eis ass dat Gesetz hei enorm wichtig. Et ass enorm wichtig, dass mer op déi flexibel Mechanismen, op d'CDMen an och op d'„joint implementation“ kënnen zréckgräifen, well mir eis Engagementer, déi mer 1997 zu Kyoto geholl hunn, an anere Fall absolut net kéinten erfëllen, wa mer net kéinten op dat hei zréckgräifen.

An duerfir mengen ech ass et och gutt, dass d'Kommissioun der Fuereung net noginn huet, den Ukaf vu CDMen an „joint implementation“-Projeten ze begrenzen, well ech fäerten, wann dat op 50% géif reduzéiert ginn, da géif et fir dat Land hei och dann nach net gutt ausgesinn. Ech sinn awer mat alleguer deenen d'accord - a mat där Euphorie och d'accord, déi hei zum Ausdrock komm ass -, déi soen, dass mer esou vill wéi méiglech oder bal alles an deem Land hei selwer mussen reduzéieren.

Mä wann een dem Här Ewingmann säi Bericht liest, da liest een awer doran, dass kuerzfristeg net

schrecklech vill do ze huelen ass: zwéischent 300 a 500.000 Tonnen d'Joer. Op fënnef Joer gerechent, ginn dat ëm déi zwou Milliounen Tonnen, bei 20 bis 30 Milliounen Tonnen, déi mer a sech misste reduzéieren. Also ass dat eng onméiglech Saach, dat an deem Land hei ze maachen.

Ech mengen, da musse mer d'Realitéit awer emol an d'Ae kucken a kucken, wéi mer dee Problem hei an de Joren 2008 bis 2012 wëlle léisen. Bis 2008 ass et net méi laang, dat ass muer. Enn nächst Joer geet dat schonn u mat dësen Engagementer, an ech mengen, iergendwann musse mer eis awer och an där Chamber hei eng kéier Zäit huelen, fir Tacheles ze rieden, wéi mer da finalement konkret eis Problemer wëlle léisen.

Ausser datt mer géife soen: Hei, mir verzichten op eng Partie Accisen; mä ech weess net wéi dat ausgeet, ech fäerten, et si se alleguer. An déi, déi dat awer behapten, mengen ech, mussen eis dann awer och hei soen, wéi mer dee Manque à gagner wettmaache respektiv wou mer dann hei wëllen aspueren. Mä ech mengen, esou einfach ass dat, fäerten ech, net.

Ech sinn awer och mat alleguer deenen d'accord, déi soen, datt mer eis Zukunft net op dës Recetten hei kënnen opbauen.

(Interruption)

Ech menge schonn, datt d'Zäit vun de fossile Brennstoffen un d'Enn kennt an datt den Uelech un d'Enn kennt. Weini datt ass, weess een net. Et gëtt gesot, dat wier an 120, 130 Joer. Ech géif mengen, mir sollten eis wierklech seriö Gedanken maachen, wéi mer an deem Land hei nach éierbar kënnen liewen, ouni datt mer op déi Recette do ugewise ginn. Dat soll d'Zil sinn. Ech mengen, dofir solle mer eis Käpp zesummestrecken. Dat ass awer laangfristeg geduecht, mä kuerzfristeg - leider! - hëlleft dat eis net virun a musse mer Léisunge fanen.

Ech mengen net, datt déi Problemer um Niveau vum Tanktourismus ze léise sinn, well ech fäerten, wa mer bis un den Tanktourismus ginn an dee wëlle regelen, do geet d'Spill vum alles oder näischt. Wa mer vun Tanktourismus schwätzen, da muss ee sech emol bewosst sinn, datt dat net onbedéngt Tourismus ass. Vun allen Uelechen, vun allen Hydrocarburen, Bensin an Diesel, deen hei zu Lëtzebuerg verkaaft gëtt, sinn 10% Bensin. Dee Bensin gëtt haaptsächlech kaaft vun de Lëtzeburger a vun de Frontalieren.

Et kann ee jo elo awer net soen, datt d'Frontalieren Touriste si fir eis hei, déi all Dag heihinner schaffe kommen an een Deel och vun eiser Economie ausmaachen. 90% vun deenen Accisen, déi mer era kréien, ginn iwwert den Diesel verkaaft. Hei muss ee wëssen, datt de Gros vun dësem Diesel un d'Belsch verkaaft gëtt, ganz einfach well den Différentiel ebe grouss genuch ass fir datt d'Belsch, wa se iwwert d'Autobunn aus Frankräich eropkommen, hei stallhalen an tanken.

Hei ass d'Lëtzeburger Regierung gefuerdert, hire Minimum unzepassen an nächste Joer, a wann dat bis gemaach gëtt, da gëtt déi Differenz mat de Belsch relativ enk. A wann d'Belsch sech dann nach vill afale loossen, da bleift net méi vill dovunner. Glécklecherweis zéie mer awer elo déi Accisen hei mat de Belsch zesummen an, an och d'Belsch hunn en Intérêt drun, wann d'Accisen héich sinn, well Dir musst wëssen, datt déi Accisen, déi Lëtzebuerg an d'UEBL erabezilt, méi héich sinn, wéi dat wat mir a sech do erauszéien. Duerfir mengen ech, wa mer eppes heiriwwer wëlle regelen, da musse mer dat mat de Belsch am Kader vun der UEBL zesumme maachen, fir déi Taxen doranner festzeleeën.

Eppes, wat mer kënnen maachen, ass ganz sécher ze kucken, datt mer iwwert dëse Wee hei Recetten erakréien, fir eis Engagementer um Niveau vum Kyoto-Protokoll kënnen ze bezuelen, notamment fir d'CDMs-Projeten an d'„joint implementation“-Projete kënnen ze maachen; dat ass een Deel.

Ech froe mech, ob een och net mat de Belsch kann an d'Gespréich kommen - dat ass awer méi utopesch, wat ech elo hei soen -, fir iwwert dëse Wee vun der UEBL ze probéieren, eis Engagementer, déi jo bei minus 28% leien, vläicht reduzéiert ze kréien, andeem datt d'Belsch eis een Deel dovun kéinten iwwerhuelen, woufir mer selbstverständlech misste bezuelen. Dat géif eis vläicht erlaben, mat 50% flexibele Mechanismen duerzekommen.

Et muss ee wëssen, datt d'Belsch sech engagéiert hunn, ëm 7,5% ze reduzéieren, a si musse bis 2012 op ëm déi 140 Milliounen Tonne kommen. Eis feelen a sech an där Theorie annerhalfe Milliounen Tonnen. Dat géif vun hiren 140 Milliounen 1% ausmaachen. Ech weess net, ob dat an der Onméiglechkeet ass, d'Belsch un en Dësch ze kréien, fir do e Gespréich driwwer ze féieren, wa mer dat géife bezuelen. Dat wat ech hei soen, ass net esou einfach, et ass just en Denktouss fir awer emol vläicht ze probéieren, aner Weeër ze goen.

Et muss een dann, wann een awer heiriwwer schwätzt, sech awer och bewosst sinn - an d'lescht war jo eng Pressekonferenz vu Leit, déi soen, datt d'CDMs-Projeten awer nun net nohalteg sinn -, datt mer do den Entwicklungslänner d'Méiglechkeeten ewechhuele géingen, fir an Zukunft an déi Domänen ze investéieren. Do muss ee sech awer emol eng Partie Chiffere virun Aen halen, wann een dat seet. Wann een zum Beispill weess, datt am Joer 2012 d'Emissioun weltwäit 40% - 40%! - méi héich si wéi 1990, wou mer se jo wollte reduzéieren ëm 5,2%, datt dat och net bei 2012 ophält, mä datt dat och nach virugeet iwwer 2012 eraus, a mer bis 2020 op 33 Milliarden Tonnen CO₂ kommen, déi dann émettéiert ginn, wou et der 1990 alles an allem 20 Milliarde waren, also ee Plus vu 65%. Sou kennt et, dat ass net ze änneren.

Et muss ee wëssen, datt vun deene 65% praktesch 70% produzéiert gi vum Rescht vun der Welt, minus Europa, an do maachen dann natierlech awer d'Entwicklungslänner oder d'Schwellelänner de Gros vun deem aus.

Och mir hei an Europa kënnen bis 2012 eis Engagementer net respektéieren. Dat gesäit awer scho besser aus. Mir kënnen si ëm 4% net reduzéieren, allgemeng gesinn, par rapport zu 1990, a bis 2020 wäert et och net einfach ginn, well jo ënner Lëtzeburger Présidence sech engagéiert ginn ass, déi Ziler vun 1990 bis dohinner jo nach ëm zwéischent 15 an 30% ze reduzéieren, wann ech dat richtig gelies hunn. A wann een dat dann nach mat der Strategie de Lisbonne verbënnt, wou mer eis schonn engagéieren, déi performantst Economie ze ginn, da gesäit de Bilan guer net gutt aus.

Wa mer eis engagéieren - en moyenne, loosse mer emol soen - minus 20% vun deem, wat mer solle manner maache bei de fossile Brennstoffen, ze maachen, da musse mer 50% am Joer 2020 vun eisem ganzen Energiebedarf decken ausserhalb vu fossile Brennstoffen.

Ech weess net wéi een dat mécht. Ech hunn iergendwou gelies, da misste mer d'erneierbar Energien an deenen nächste 15 Joer mat fënnef multiplizéieren, wat quasi onméiglech ass, wann e weess, wéi séier datt dat do virugeet a wat de Wëllen ass fir dat do ze dévelloppéieren. Den Atomstrom kréie mer sécher och bis dohinner net dohinner, dat wëlle mer alleguer jo d'ailleurs och net.

Et bleift eis also just eng Léisung, mä déi pake mer och nëmmen hallefährzeg un, an dat ass déi, fir d'Energie rationell ze notzen a fir Energie ze spueren, dat heescht méi Effizienz an d'Energie iwwerhaapt eranzebréngen, méi Effikasitéit. Wann een awer seet méi Effikasitéit, da mengen ech muss een awer soen, datt et fir eis awer och méi effikass ass Investitiounen an Drëttlänner respektiv an den Industrielänner ze maachen - iwwert d'„joint implementation“ vun der Annex 2 -, well ganz einfach déi Investissementer, déi mer do maachen, méi bëlleg ginn an oft méi brénge wéi dat, wa mer se hei géife maachen. A vu datt déi Kyoto-Problematik jo awer ëmmerhin e globale Problem ass, mengen ech, wier dat awer schonn néideg.

Wéi gesot, wann ee bedenkt, datt an deenen nächste 15 Joer - nach e puer Chifferen - d'Demande supplémentaire bei den Energien 2/3 eropgeet, datt do vu 85% mat fossile Brennstoffen gedeckt gëtt an dann am Verhältnis Europa awer sëtzt a weess, datt vun deem, wat da verbraucht gëtt am Joer 2020, mir - déi 25 Länner - bei 15% Energieverbrauch leien, respektiv bei 13% vun den Emissiounen, da sti mir net esou schlecht do.

Dat wëllt awer net soen, datt mer eis Hausaufgaben net solle maachen, mä wann een deen anere Chiffer op där anerer Säit gesäit, da mengen ech geet et awer net nëmmen duer eis Hausaufgaben ze maachen, da mussen och déi europäesch Länner sech an der Welt dobaussen engagéieren an den Drëttlänner hëllefen hir Emissiounen ze reduzéieren, well do geet et a vill grouse Masse méi séier erof wéi dat bei eis de Fall ass a wou mir jo awer schonn haut méi Effizienz hunn.

Wa mir déi Engagementer géife respektéiere bis 2020, déi mer eis virgeholl hunn ënner Lëtzeburger Présidence, da géife mir eis Emissiounen hei an Europa ëm 800 Milliounen Tonne reduzéieren. An därselwechter Zäit géifen d'Chinesen hir ëm 1,6 Milliarden eropsetzen, d'Entwicklungslänner alles in allem 4 Milliarden. Da kann een awer net kommen a soen, datt wa mer de Wee géifen aschloen, dass déi europäesch Länner Projeten an Entwicklungslänner respektiv a Schwellelänner maachen, dat wier Quatsch an domadder géife mer deenen eppes ewechhuelen, dat mengen ech ass net de Fall. Ech mengen, Europa muss hei seng Responsabilitéit huelen.

Europa muss de Virleeder an der Kyoto-Problematik sinn a muss och déi Politik bedriewen, souwuel um politeschen Niveau wéi awer och um techneschen Niveau. Dann hu mer net nëmmen e wirtschaftlechen Notzen dovun, well mer un deem Handel do kënnen Deel huelen, mä mir hunn awer och alleguerten en Notzen, andeem datt mer d'CO₂-Emissiounen kënnen zréckfueren. D'CDM-Projeten - an ech menge meng Virriedner hunn dat am Detail hei gesot - musse propper, sozial an nohalteg sinn, an ech mengen net, datt mer nach mussen Impaktstudien hei zu Lëtzebuerg maachen iwwer all eenzelne Projet, fir d'Projeten nach opzehalen, déi scho komplizéiert sinn zu Enn ze kommen an déi ganz gutt kontrolléiert sinn op deem Niveau wou dat gemaach gëtt. A well mir als Partei iwwerzeegt sinn, datt dat de richtige Wee ass, dee mat deem Gesetz hei ageschloen ass, wäerte mir dann och dat Gesetz hei stëmmen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix - Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den Här Camille Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Härren, 1997 ënnerschreift d'Lëtzebuerger Regierung de Kyoto-Protokoll an engagéiert sech d'Treibhausgase vu Lëtzebuerg bis 2008-2012 ëm 28% ze reduzéiere par rapport zu 1990. Si huet dobäi d'Ennerstëtzung vun der Chamber, déi an enger Motioun souguer 30% gefuerdert hat.

Dobausse schéngt dat Reduktionszil enorm ambitiéis. D'Regierung weess awer, dass et eigentlech net méi an net manner wéi e Stabiliséierungszil ass. Jo, mir hu souguer nach 500.000 Tonne Sputt. Duerch d'Restrukturéierung vun der Stolindustrie si mer 1997 nämlech scho bei -30%, mir leie bei 8,5 Milliounen Tonnen an hunn also, wéi gesot, bis 2008 nach ronn 500.000 Tonne Reserven.

D'Regierung huet och kee Problem mat de Mécanismen vu Kyoto. Mir kréien zwar den Tanktourismus ugerechent, mä mat 2,5 Milliounen Tonnen ass deen awer 1997 ongeféier gläichzesetze mat deem importéierte Stroum, dee mer net ugerechent kréien. Wann et also just dorëm geet eis Emissiounen ze stabiliséieren, sou ass sech d'Regierung awer bewosst, dass dat net vum selwe geet, weinst dem starken demographeschen an ekonomesche Wuesstum zu Lëtzebuerg.

Fir jidderengem den Eescht vun der Situatioun kloer ze maachen, ríft si direkt e ronnen Dësch a mat de Sozialpartner, der Société civile an de Gemengen. Zesumme gëtt direkt eng Strategie ausgeschafft a Moyenen entwéckelt, fir d'Entwicklung vun den Emissiounen am Grëff ze behalen. Iwwer Sensibiliséierungscampagnen gëtt och d'Populatioun preparéiert op dat, wat op si duerkënn.

Den Ëmweltminister gëtt direkt eng Potenzialanalys an Optrag, déi virechent wou iwwerall kann Energie gespuert ginn a wéi héich d'Potential vun deenen eenzelnen alternativen Energien zu Lëtzebuerg ass. Fir dass den Tanktourismus net fortleeft, passt d'Regierung op, dass den Différentiel mat den Nopeschlänner net méi grouss gëtt wéi en 1997 war.

Am Verkéiersberäich gëtt de sproochräife BTB 1998 gestëmmt an no sechs Joer furen 2004 déi éischt Tramen duerch d'Stad. Den öffentliche Transport kritt wierklech Prioritéit duerch e konsequent Netz vu Busspuren. Eng landeswäit harmoniséiert Parkraumgestaltung suert dofir, dass et fir Laangzäitparker wierklech oninteressant gëtt hiren Auto ofzestellen. De Vëlo kritt bei alle Planungen och eng Plaz. Eng Reform vun der Autossteuer dréit dozou bäi, dass d'Leit lues a lues méi ëmweltfrëndlech Autoe kafen. De Fuerpark ass 2005 ee vun den ëmweltfrëndlechsten an Europa.

Duerch all dës Moossname gëtt de „modal split“ ëmmer méi positiv zu Gonschte vun der Mobilité douce an dem öffentliche Transport, de Verkéier gëtt erëm fléissend an d'Zuel vun den Doudegen op eise Strassen hält drastesch of.

(M. Niki Bettendorf reprend la Présidence)

Den Energieminister knäppt sech 1998 direkt déi schonn 1993 net méi zäitgeméis Wärmeschutzverordnung vir a suert dofir, dass all nei Haiser a Bürosgebaier am Niddereenergiestandard gebaut ginn.

De Wunnungsbauminister gräift d'Iddie vum OGB-L a vum Mouvement écologique iwwer Albausaniéierung op a suert domat net nëmme fir eng substanzuell Reduktioun vu Mazout- a Gasverbrauch, mä schaaft am Handwierk iwwert dee Wee honnerten nei Aarbechtsplazen.

Well mer fir d'GuD net noverhandele kënnen, gëtt dëse Projet - an

den Här Goebbels ass net frou driwwer - fale gelooss an d'Regierung geet op dee vu Greenpeace préconiséierte Wee vu klengen, dezentrale Kogeneratiounen op Äerdgas sécherlech, mä och vu Biomassbasis.

D'Regierung huet erkannt, dass d'Gemege wichteg Partner beim Ëmsetze vun de Moossnamen um Terrain sinn a bënnt si dofir vun Ufank un an. An all Region gëtt en Energiekonzept vu Modell vun de Klimabündnisgemengen ausgeschafft. Dat Instrument erlaabt et déi bestoend Potenzialen, déi mer duerch Potenzialanalys erausfonnt hunn, ëmzesetzen.

D'Agence de l'Énergie gëtt reforméiert; an an all Kanton ginn Energieberodungen nom Modell vum Réidener Energieatelier agericht.

Du kennt e ganz gutt Joer, d'Joer 2000. Do mécht de Statsbudget en lwwerschoss vun enger Milliard Euro. Amplaz déi Sue mat der Strenz iwwert d'Land ze verdeelen, gëtt eng ekologesch Steuerreform gemaach, déi prinzipiell d'Energie an de Ressourcenverbrauch méi héich besteiert, dofir awer d'Lounniewekäschen erofsetzt. En Deel gëtt geholl fir e Fong ze speise fir an Zukunftstechnologien ze investéieren, sou wéi Norwegen dat mécht mat senger ville Suen, déi et aus de Pétrolsgewënner eraushëlt.

D'Betriber kréien och Steiererlicheerungen, awer nëmme wa se ganz geziilt a Ressourcen- an an Energieerduktioun investéieren. En Deel vun de Plus-valuë gëtt geholl fir eis Ofhängegkeet vum Tanktourismus ze reduzéieren an et ass evident, dass beim Ausschaffe vum IVL Kyoto afléisst an eng iwwergeuerdnet Roll an allen lwwerleeunge spillt.

2006 steet Lëtzebuerg gutt do mat sengen Engagementer bei Kyoto am internationale Verglach. Mir leie bei ronn néng Milliounen Tonnen. Mir gi gelueft vun der Europäescher Kommissioun fir eis Efforten a sollte mer bis 2008 duerch déi demographesch Entwicklung a vill Kogeneratioun, awer nach op Erdgasbasis, llicht iwwer eist Zil kommen, esou ass et kee Problem déi puer Prozent iwwer CDMen an „joint implementation“ ze kafen.

D'Leit bezuele wuel e bësse méi Steieren, wéi elo, hunn awer erkannt, dass se duerch d'Reduzierung vum Gebrauch vum Auto an d'Benotze vun deem gutt fonctionnéierenden öffentlichen Transport dat méi wéi wett kënnen maachen.

Eise Wunnbestand ass um leschten Isolatiounsstand, wouriwwer Leit mat klenge Pensiounen ganz frou sinn, well déi héich Mazouts- a Gaspräisser se net esou treffe wéi elo. Och d'Betriber si kompetitiv, well se duerch eng äusserst effizient Produktiounsweis och déi steigend Energiepräisser konnnten offiederer a well d'Lounniewekäsche méi niddereg sinn, wéi se haut sinn. Jiddereen apprécieiert déi erhéichte Liewensqualitéit duerch manner Verkéier an d'Stad bléit ënnert dem Trameffekt richtig op. Mir sinn um gudde Wee, ewech vum Uelech, an aus ganz Europa kommen Delegatiounen kucken, wéi mer eis dann ugeluecht hunn hei zu Lëtzebuerg. Eis Uni an eis Fuerschungsinstituter hu sech eng international Renommee gemaach, wat energieeffizient Systemer a Produktiounsmethoden ugeet.

Här President, Dir Dammen an Dir Härren, wat ech lech elo erzielt hunn ass kee Grimm-s-Mäerchen, mä ass een, eiser Meenung no, absolut realistesch Zeenario zu wat Kyoto zu Lëtzebuerg hätt missen, mä awer och hätt kënnen féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Härren, Dir wësst awer gradesou gutt wéi ech, dass alles awer och bal alles anescht komm ass, wéi ech elo grad an deem Zeenario hei geschildert hunn.

Et geet domat un, dass mer siwe Joer - Dir hutt richtig héieren, Här President -, siwe Joer gebraucht hu

fir erauszufannen, dass mer eis verrechent hunn. Mir hunn nämlech elo viru kuerzem eréischt gemierkt, dass mer eis geiert hunn, dass mer net zéng Milliounen Tonnen 2008-2012 zegutt hunn, mä nëmmen néng. A bis haut huet een nach ëmmer net dat Gefill, dass iergend-eng Regierung sech dem Eescht vun der Lag bewosst ass.

Ech wéilt hei dem aktuellen Ëmweltminister e Kompliment maachen, well mer wierklech als gréng Fraktioun dat Gefill hunn, dass hien deen éischte Regierungsmember ass - leider deen eenzegen, och nach ëmmer an dëser Regierung -, dee sech der Lag bewosst ass. Ech mengen dat kënnt doduerch, well hie sech éischts an senger Gemeng, eng Klimabündnis-Gemeng, als Buergermeeschter schonn intensivst mat der Problematik beschäftegt hat, mä och an Tëschenzäit, mengen ech, vill Stonne mam Här Ewringmann verbruecht huet an doduerch d'Zuelen auswenneg kennt. Dat wëlle mer hei och ganz kloer differenzéieren.

Dat heescht awer net dass mer der Meenung sinn, dass dës Regierung insgesamt och nëmmen e Millimeter méi wäit ass wéi déi virun. Dann ass et och kee Wonner, Här President, dass den Eescht vun dem Enjeu bis haut net vermëttelt ginn ass, weder un d'Sozialpartner nach un d'Société civile nach un déi breet Populatioun.

De Moment erliewe mer jo awer, dass esou eng Sensibiliséierung machbar ass, nämlech bei där ganzer Diskussioun ëm de Statsbudget. Déi Chifferen hu mer eréischt e puer Méint um Dësch an awer huet een dat Gefill, dass d'Regierung et fäerdeg bruecht huet, den Eescht vun der Lag no baussen ze droen. Et huet ee scho bal d'Gefill, dass se iwwerdreift, dass mer amgaange sinn ze risikéieren, dass d'Consummatioun, duerch dat ze villt Enkschnalle vum Rimm, souguer amgaangen ass zesummenzebräichen.

Déi Gréng sinn der Meenung, dass wann déi jeeweileg Regierungen esou intensiv no de Milliounen Tonnen CO₂ gesicht hätten, wéi déi heiteg Regierung no de Milliounen Euro an hirem Budget, da wéisst haut jiddereen zu Lëtzebuerg, dass mer dringend missten am Energie- an am Mobilitätsberäich ëmsteieren. D'Potenzialanalys, déi d'Basis vun allem Handelen ass, ass elo eréischt amgaang gemaach ze ginn. Keen huet d'Bensinspräisser am Ae behalen, mam Resultat, dass den Tanktourismus vun 2,5 op 5 Milliounen Tonne sech verduebelt huet. De BTB ass '99 begruewe ginn, de Bus hält weiderhi mat am Stau, an ausser zu Esch an neierdëngs och an der Stad ass de Vélo kaum en Thema. Kee Wonner, dass och den inländesche Verkéier sech vun 1,1 Millioun op 1,6 Milliounen Tonnen ëm 50% erhéicht huet an där jeeweileger Period.

Déi iwwerliefte Wärmeschutzverordnung vun '93 ass haut, 2005, nach ëmmer a Kraaft. De Wunngesbauminister huet aacht Joer un engem Konzept gedoktert iwer Albusanëierung, mam Resultat, dass d'Resultat esou komplizéiert ass, dass ee mindestens véier Joer Uni muss gemaach hunn, fir deen Energiepass ze verstoen. D'GuD zu Esch ass sécherlech ekologesch sënnvoll, schléit awer mat iwwer enger Millioun zu Buch.

Mat déi eenzeg Initiativen, déi konkret Resultater hunn, geschéien an de Gemengen, virop an de Klimabündnis-Gemengen. Déi Initiativ ginn och spezifisch um Ëmweltminister ënnerstëtzt, den Innenminister geheet awer de Gemengen d'Verfassung tëschtent d'Been a léisst se an der Loft hängen. An der Agence de l'Énergie, Dir Dammen an Dir Hären, sëtzt nach ëmmer d'Cegedel an d'SEO, an den Energieberater aus dem Kanton Réiden ass nach ëmmer ganz eleng auf weiter Flur.

2001-2002 ass eng Milliard Euro mat der Strenz iwwert d'Land verdeelt ginn, ouni awer och nëmmen dee geréngsten ekologeschen a Klimaschutzpolitischen Impakt gehat ze hunn. Duerch déi 2001-Reglementer vun den alternativen Energien ass endlech eng gewëssen Dynamik, zumindest an deem Beräich, entstanen. De Vide, deen elo ënnert der neier Regierung entstanen war, huet awer viles futtigemaach a viles, wat opgebaut war, wat gutt fonctionnéiert huet a wat eng Eegendynamik krutt huet, muss praktesch erëm vun null un ufänken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, elo sti mer dann do, wéi den Ochs virum Bierg oder wéi d'Kand beim Dreck. Amplaz minus 28% si mer haut schonn erëm iwwert de Wäerter vun 1990 a bis 2008 - Dir hutt et schonn e puermol héieren - riskéiere mer, dass mer 5 Milliounen iwwer eisem Zil wäerte leien.

Mä amplaz dass awer elo endlech, endlech e Ruck duerch d'Regierung an duerch d'ganz Gesellschaft geet, wat geschitt? Et gëtt geëimert iwwert d'Berechnungsmethod vum Kyoto-Protokoll, et gëtt lamentéiert iwwert déi atypesch Situatioun vu Lëtzebuerg, an amplaz dass d'Regierung endlech kloer Messagen no baussen dréit, streit d'Wirtschaftsminister mam Ëmweltminister a spillt, esou wéi an de 70er Joren, Ëmwelt géint Aarbechtsplazen aus.

Ech muss och soen, dass ech de Rapporteur - dee fir de Rescht, mengen ech, e ganz gudder Rapport gemaach huet, mëndlech a schrëftlech - och net esou richtig verstinn, wat hie wollt soen, wéi hie mam Index komm ass. Ech verstinn den direkte Rapport net. Ech verstinn och scho guer net, dass een de Rapport och nëmmen am weideste Sënn mécht tëschtent Kyoto an Aarbechtsplazen. Ech hunn nach ni verstanen, wieso dass Albusanëierung soll Aarbechtsplazen ofschafen, wieso dass den Opbau vun alternativen Energie soll Aarbechtsplazen ofschafen. Ech verstinn och net, wa mer muer den öffentliche Transport ausbauen a Chauffeuren op Bus an Zuch astellen, wéi dat soll Aarbechtsplazen ofschafen.

Do gëtt menger Meenung no nach ëmmer mat pauschalen Uerteeler operéiert. Et si längst genuch Etüden do. Déi Däitsch zumools, déi ganz gutt Erfahrung gemaach hu mat hirem Aspeisegesetz fir alternative Stroum, hunn x-mol nogewisen, dass se domat honnerten an dausenden Aarbechtsplaze geschafen hunn. Duerfir géing ech mer wierklech och vill méi eng differenzéiert Approche virstellen, an net mat esou Schlagwierder direkt am Kontext vu Kyoto operéieren.

Wann am Ufank e Konsens an der Gesellschaft war, dass mer wierklech 100% vun deenen 28% sollten heiheem erreechen, esou ass dat haut - an dat gi mir och souguer an Tëschenzäit zou - de facto net méi dran. Ech wëll awer nach eng Kéier betounen, dass dat awer nëmmen ass, well mer wierklech siwen, aacht Joer praktesch näischt gemaach hunn. Ech wëll och nach eng Kéier betounen, dass dat no bausse gedroent ambitiéist Zil eigentlech net méi war, wéi d'Emissionen vu '97 ze stabiliséieren. An ech froen Iech emol alleguerten, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Ass et Lëtzebuerg '97 méi schlecht gaange wéi haut? War d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg '97 méi schlecht wéi haut?

Deemools hate mer en Tanktourismus, deen nëmmen d'Halschent vun deem vun haut ausgemaach huet. Mir hunn et awer fäerdeg bruecht eis sozial Systemer funktionnéieren ze dinn, esou gutt wéi haut, wann net souguer besser. Ass et net ëmgedrëint, an dat weisen awer och d'Reaktiounen vun de Gemenge Mamer, Waasserbëlleg a Réiser, dass mer d'Liewensqualitéit verschlechtert hunn, dass um lokale Plang déi Niewewierkunge

vum Tanktourismus souguer ufänken esou uerg ze ginn, dass se chiffréierbar sinn, och ekonomesch, esou dass déi Gemenge keng aner Léisung méi wëssen, wéi een Cent op all Liter Bensin ze maachen?

Ech hu gesot, dass mir do souguer scho Waasser an eise Wäin elo geschott hunn, obwuel mir ëmmer dofir plädéiert hunn, dass mer praktesch alles sollten hei zu Lëtzebuerg maachen. Mir gesinn awer an, dass an der aktueller Situatioun, duerch déi Inaktivitéit vun all deene Joren, et de facto net méi méiglech ass; obwuel mer nach wie vor der Meenung bleiwen, dass dat onverantwortlech ass.

Haut sollen dann déi Mechanismen, mat deene mir eis da fräikafe kënnen a wëllen, eng gesetzlech Basis kréien. Mir waren der Meenung, dass dat eng gutt Geleeënheet gewiescht wier, fir endlech - endlech, Här President - kloer Zeechen ze setzen an onmëssverständlech Messagen no baussen ze schécken, nämlech andeems mer am Gesetz festgehalten hätten, dass mer awer mindestens d'Halschent vun de Reduktiounen sollten heiheem erreechen.

Mir sinn eis als Gréng bewosst, dass och dat Zil nach ganz schwéier ze erreechen ass a wär, mä ech froen Iech awer: Wa mer eis elo nach keng kloer Ziler setzen, wéini dann? Fir mech ass dat hei mat déi leschte Geleeënheet, wou mer hätte kënnen onmëssverständlech Messagen no bausse ginn.

Déi Direktiv gesäit dat iwwregens och vir an hirem Considérant Nummer 7; d'Majoritéit refuséiert dat awer ze maachen. An da kréie mer gesot, dat soll am Plan d'allocation geschéien. Wann ech d'Direktiv richtig verstanen hunn, dann ass et wuel virgesinn, fir fir déi eenzel Betriber, déi ënnert d'Direktiv vun den Droits d'émissions falen, fir do fir all Betrib e Maximum anzusetzen, mä ech mengen awer, dass et vun der Direktiv schonn esou geduecht ass, dass een an der Ëmsetzung kloer seet, wéi een als Land wëllt seng Ziler erreechen an dass een do e klore Chiffer asetzt.

Ech maache mer och näischt vir, wa mer dat net kloer hei juristesche a legislativ verankeren, da geet de Lobbyismus un, da kënnt jidderee gepilgert bei deenen een oder bei deenen aneren, da gëtt héichgerechent, da gëtt mat der Konkurrenz gedrot, dann entsteet den Drock an da si mer emol gespaant bei wéi vill Prozent eegenen Efforten, dass mer dann 2012 nach wäerte landen.

An dofir wäerten och déi Gréng, Här President, dat Gesetz net stëmmen. Mir sinn der Meenung, dass heimat dee leschten Drock ewechgeholl gëtt, fir zu Lëtzebuerg selwer am Verkéier - an am Energieberäich endlech ëmzesteieren. Heimat erdeelt d'Regierung sech selwer a ganz Lëtzebuerg d'Carte blanche, fir alles beim Alen ze loosse, fir „business as usual“ ze bedreiwen an eis mam Scheck fräizekafen.

Dat ass an eisen Aen net nëmmen onmoraalesch, mä och onverantwortlech vis-à-vis vun den nokommenden Generatiounen, virun allem aus zwou Ursachen:

Éischtsens ass dat, wat mer hei amgaange sinn ze maachen, en ongedeckte Scheck op d'Zukunft. Kee weess - an dat hunn eng Rei Virriedner scho gesot -, wat eng Tonn CO₂ 2012, an haaptsächlech duerno, wäert kaschten, well dat hei ass jo just den Ufank vum Lidd. Richtig seriö gëtt et no 2012, a wa mir bis dohin eis zu 90 oder 95% fräikafen, da si mer net minimal preparéiert op déi nach méi substantziell Reduktiounen, déi 2012 op eis duerkommen, an aner Län-

ner, déi schonn éischter d'Steier erëmgerappt hunn, wäerten eis da wäit virusinn, an da sti mer zimlech belämmert do, well da gëtt et wierklech eescht an da geet et un d'Substanz.

Eng zweet Ursach ass och, dass jo awer d'Enn vum Pétrolszäitalter virauszugesinn ass a mir froen eis heiansdo als Gréng, ob den Här Krecké keng Zeitung liest, kee Radio lauschtert a kee Fernseh kuckt. Et brauch een awer net intensiv ze liese fir feststellen, dass keen Dag vergeet, wou dat do en Thema ass a wou gesot gëtt, dass mer scho längst oder deemnächst iwwert de Punkt eriwuer sinn, wou de Maximum vu Pétrolsproduktioun ass an dass d'Enn vum Pétrolszäitalter längst agelaut ass.

Viru kuerzem konnt een erëm liesen, dass mer an der Nordsee scho bal um Enn sinn an dass dat vill méi séier gaang ass, wéi jiddereen domat gerechent hat, well einfach vill méi gebraucht gouf. Nach haut konnt een erëm liesen, dass Spezialiste mengen, dass souwuel déi bekannten oder déi sou genannte bekannte Reserve vu Saudi-Arabien an déi vu Kuwait maßlos iwwerschätzt sinn, dass mer do riskéiere wierklech ganz aner Wourecht ze kréien.

Mä och ouni déi Spekulationen do, Här President, wëll ech e gescheite Mann zitéieren - ech weess zwar net méi wéi e geheescht huet, mä ech hunn awer säi Sproch verhalen -, dee gesot huet: „D'Steenzäit huet net opgehale, well keng Steng méi do waren.“ An d'Pétrolszäit wäert och ophale längst ier de leschte Liter Uelech fort ass, well mer eis et souwuel klimaschutzpolitisch, wéi och wirtschaftlech iwwerhaapt net méi wäerte leeschte kënnen eis Ekonomie an eis Mobilitéit op de Pétrol opzebauen.

An déi Leit, déi elo nach ëmmer mat Lafzäite vun 30, 40 oder 50 Joer kommen, ech mengen, déi hunn den Enjeu wierklech net begraff, och wann ee liest, wou regelméisseg d'Pronostiken iwwert de Präis vum Barrel Uelech higinn. Haut konnt een och erëm een-, zweemol liesen: 120 bis 140 Dollar. Wann nëmmen dat Geréngst am Iran geschitt, da si mer séier bei 140 Dollar.

Dofir menge mir als Gréng, dass Kyoto net eng Laascht, mä eigentlech eng immens Chance ass, fir zwou Mécke mat engem Schlag ze fänken: aktive Klimaschutz bedreiwen an awer d'Ofhängegkeet vum Uelech ofbauen. Mat eisem Fräikafen awer maache mir genee de Géigendeel. Mir zementéieren d'Ofhängegkeet vu Lëtzebuerg a vun der Lëtzeburger Wirtschaft a Mobilitéit vun de fossile Brennstoffen an eis Kanner a Kandskanner wäerten eis eng Kéier dowéinst verfluchen: aus ekologeschen Ursachen, aus ekonomeschen Ursachen, mä och ganz kloer aus sozialen Ursachen, well wann de Barrel Uelech eng Kéier 150 Dollar kascht, da gi mir, a si virun allem, awer gewuer, wat d'Pond Kiische kascht.

Dass et awer och anescht geet, Här President, weisen eis, wéi esou oft, d'Skandinavien, an dësem Fall d'Schweden. A wann den Här Calmes et elo éinescht hei duergestallt huet, wéi wann et a kengem Fall méiglech wier a 15, 20, 25 Joer aus dem Pétrol erauszeklappen, da wëll ech Iech vläicht Folgendes matdeelen: D'Schweden hu sech viru kuerzem d'Zil gesat a 15 Joer - Dir hutt richtig héieren -, 2020, komplett ouni Uelech eens ze ginn, ouni - an dat wëll ech betounen - op den Ausbau vun der Atomenergie ze setzen, mä op erneierbar Energien!

De Wee dohi gëtt vun engem Comité geplangt: mat Industrieller, Fuerscher, Baueren, Autobauer, Leit aus der Zivilgesellschaft. D'Beweggrënn fir déi schwedesch Regierung sinn emol net onbedéngt d'Kyoto-Iwwerleeungen, mä sinn déi ëmmer méi knapp Reserven u

Pétrol an d'Angscht virun enger katastrophaler Rezessioun, wann de Präis vum Uelech dann eng Kéier an déi Héichte klëmmt, wéi ech se elo grad geschildert hunn.

Dat nennen ech eng wäitsiichteg Politik, Här President, an de Wee zu dësem Zil wäert sécherlech och fir Schweden net einfach sinn, mä dat ass de Präis, fir a 15 bis 20 Joer gutt do ze stoen. Déi Gréng verstinn net, firwat mir et zu Lëtzebuerg net och fäerdeg bréngen esou e schwéieren, mä zukunftsfaege Wee ze goen.

Ech soen Iech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Gira. Den nächste Riedner ass den Här Roby Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).**- Merci, Här President. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den Débat, dee mer den Owend, schonn zu virgeréckter Stonn, féieren, ass e ganze wichtegen Débat, well e beréiert d'Zukunft, net nëmme vun dësem Land, mä d'Zukunft vun der Mënscheheet. Ech wëll awer probéieren, Här President, mam gudden Beispill virgoen a main Otem esou effizient wéi méiglech anzusetzen,...

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).**- ...dat heescht dat, wat ech soe wëll, an esou mann wéi méiglech Wieder eriwuerzebréngen. Dofir halen ech mech och net op mat de Konsequenzen vun där globaler Erwärmung - ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier hei gemaach. Ech hale mech och net op mat Iwwerleeungen iwwert den etheschen Aspekt, deen aus deem ervirgeet, dass 20% vun der Mënscheheet praktesch 80% vun de weltwäite Ressourcë verbrauchen.

Ech wëll just soen, dass dat, wat mer hei diskutéieren, eng Verpflichtung ass, déi mer '97 agaange sinn, dass dat eng Verpflichtung ass, där mer mussen nokommen, aus där mer net erauskommen, déi mer och mussen aléisen, mä dass dat nëmmen en éischte Schrëtt ass en face vun där ganzer Problematik, déi net nëmmen heescht Energiemangel, mä an der Konsequenz vun eisem excessivë fossilen Energieverbrauch och Klimawandel, mat all deem, wat do hannendrun hängk.

Här President, d'Aussichten dat Zil, wat mer eis gesat hunn, zu deem mer eis engagéiert hunn, ze erreechen, sinn hei zu Lëtzebuerg gläich null, et sief da mer hätten de Courage ganz einschneidend Moosnamen ze ergräifen, zum Beispill eise Bensinspräis massiv eropzesetzen oder déi nei Kogeneratioun do ënnen zu Esch stëlleleeën.

Wat maachen? Natierlech, an do sti mir och dofir an, Reduktiounen hei am Land réaliséieren, wou et verstännegerweis méiglech ass. Dee Projet, iwwert dee mer haut schwätzen, betrëfft déi aner Méiglechkeeten, nämlech Rechter ze kafen oder flexibel Mechanismen anzusetzen, déi sou genannt MDPen oder MOCen, a mir sinn der Meenung, dass et wichtig ass, dass mer déi Méiglechkeet hunn, well et wéi gesot net méiglech ass, déi Reduktiounen vun annähernd fënnf Milliounen Tonnen an esou kuerzer Zäit hinzekréien.

Elo ass jo déi grouss Diskussioun, ob dat vertriebar wär, ob dat richtig wär, ob dat moralesch wär. Ech war frou, de leschte Freideg aus beruffenem Mond, nämlech vum Här Professor Dokter Radermacher, ze héieren, dass, vu datt d'Klima weltwäit eis alleguer betrëfft, dass d'Klima global ass, dass am Fong geholl dat Wichtigst ass, déi Mëtelen, déi een asetzt, dee gréisstméigleche Rendement bréngen - ech rappeléieren et nach

eng Kéier, well d'Klima global ass -, spillt am Prinzip keng Roll. Dat ass jiddefalls och eis grondsätzlech Approche.

Et soll een déi Mëttelen, déi ëmmer limitéiert sinn, déi Mëttelen, déi een zur Verfügung huet, wou mer gefuerdert sinn eis esou vill wéi méiglech dofir anzesetzen, do asetzen, wou se am meeschte bréngen. A mir wëssen, datt eng Partie Länner, déi de Moment onheemlech Wachstumsraten hunn, dat awer op Käschte vun hirer Ëmwelt maachen, dat heescht, onheemlech vill fossil Energie dobäi asetzen, wat och an engem héije Mooss op d'Liewensqualitéit geet. Ech hat viru kuerzem d'Geleeënheet, a China ze sinn. Ech war frou, wéi mer Peking de Réck gekéiert hunn, well ee bal keng Loft méi kritt huet weinst deem Smog, deen do war.

Ee Punkt an där Diskussioun ass deen: Däerfe mer Mëttelen, déi mer ageplangt hu fir eis Entwécklungshëllef, och gebrauchen an deem Kontext? Ech weess, datt déi Allermeescht heibannen do eng zrëckhalend Attitüd hunn. Mir, nodeem datt mer laang driwwer diskutéiert hunn, sinn awer zum Resultat komm, datt mer awer missten alles, wat iwwer eisen Engagement vun 0,7% vum BIP erausgeet, asetzen, vu datt déi aner Länner gréisstendeels wäit ënnert deem Seuil nach sinn. Ech mengen, et ass jo net esou, datt esou Projeten, déi och zur Effizienzsteigerung an deene Länner bäidroen, keng Entwécklungshëllef sinn. Et kann ee jo awer och, mengen ech, zwou Mécke mat engem Schlag do treffen. Mir gesi jiddefalls net an, datt een do soll méi helleg sinn, wéi de Poopst.

Et muss een och wëssen, datt dat alles, wat mir hei an den entwéckelte Länner maachen - ech mengen, mäi Virriedner oder Virvirriedner huet dat och gesot gehat -, déi ganz Ustengungen, déi mer hei maachen, mat engem relativ héijen Opwand, bei wäitem net dat bréngen, wéi wann een dat emol quantitativement kuckt. Wat a Länner wéi China, Indien, Brasilien an esou weider de Moment passéiert u Steigerungen: Do kënne mer dergéint halen, mä dat leeft eis trotzdeem fort. Duerfir ass et eiser Meeung no och immens wichteg, datt ee just do, wou de Moment déi gréisste Steigerung stattfënn, intervenéiert, fir dat ofzebremmen an, wie weess, zrëckzeféieren.

Zu Lëtzebuerg selwer e puer Wuert. Mir hunn natierlech e gewaltégt Reduktiounspotenzial a mir mussen alles maache fir dat anzesetzen. Éischstens, d'Effizienzsteigerung: Ech kënnt och elo e ganze Virtrag driwwer halen, ech wëll et net maachen. Mä ech sinn awer nach wie vor der Meenung, datt mer zum Beispiil am Verbrauch vun de Gefierer nach e groust Reduktiounspotenzial hunn, dat genotzt muss ginn. Mir kënnen iwwer den öffentliche Transport rieden esou vill wéi mer wëllen. Ech gleewen, datt et schwéier gëtt, fir iwwert dee Wee déi Reduzéierung erbäizeféieren, vun där mer alleguer dreemen. Déi eenzel Mobilitéit vun de Leit, dat kritt Der net ewech. Mä wat mer brauchen, ass en enormen technologesche Sprong beim Verbrauch vun de Gefierer: Deen ass dran!

Eisen Explosiounsmotor, deen ass jo esou eppes vun ineffizient, wann ee kuckt wat un Input un Energie drageet, wat herno u mechanescher Energie erauskënnt. Do brauche mer einfach, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä iwwerall, wierklech e Quantesprong an der Technologie, an do kënnt een eng ganz Rëtsch vu Beispiller opzielen, wou mer enorm vill kënnte maachen. Wa mer deen Effizienzsprong maachen, wann den Input un Energie dramatesch zrëckgeschrauft gëtt, ech mengen, dann ass et och méiglech, mat aneren Technologien ze fueren, da kënnt ganz sécher hannendrun de Brennstoffzellenauto, an ech mengen, et kënnt een elo laang doriwwer...

■ **Une voix.**- Dee kënnt a 50 Joer.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).**- Ech sinn iwwerzeegt, datt, wann d'Präisser vum Pétrol esou evoluéieren, wéi et elo am Raum steet, et dann net méi esou laang dauert, well et ass jo alles eng Saach vum Incentive, vum Präis: Wat de Maart freet a wat de Maart brauch, gëtt gebaut - an da si mer do -; d'Reduktiounspotenzial insgesamt, och d'Isolatioun vun den Haiser an esou weider.

Ech muss awer och nach zum öffentlichen Transport ee Wuert soen. Ech weess net - d'Ufuerderunge gi jo nach ëmmer méi grouss -, wéi vill déi eidel Bussen, déi de ganzen Dag iwwert d'Land dohier pendelen, fir e puer Leit ze transportéieren,...

(Interruption)

...well mer wëssen,...

■ **Une voix.**- ...dass se net eidel sinn.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).**- ...datt jiddersee seet: Jo, wann den öffentlichen Transport soll funktionéieren, da muss de Bus och weinstens all Stonn praktesch duerch all Uertschaft fueren, wou den Zuch net duerchfiert. Ech fäerte ganz, datt mer iwwert dee Wee méi fossil Energie verpolveren, wéi mer op där anerer Säit mat engem gudden Schinneverkéier erëm kënnen aspueren. Do muss och emol e bësse weider iwwerluecht ginn, wéi ee vläicht ka méi intelligent Solutiounen fannen.

Dann d'alternativ Energien: Ech wëll just soen, et ass technesch alles machbar. D'Sonn spendéiert eis 3.000-mol méi Energie, wéi mer der insgesamt brauchen, souwuel fir eis Nahrungsmittelproduktioun wéi fir all dat anert, wat mer un Energië brauchen. Mir brauchen et nëmmen technesch ëmzesetzen. Da feelen d'politesch Décisiounen, dat ass kloer, an do ass et wou et hänkt. Et muss een dann och de Courage hunn, et net esou wäit kommen ze loossen, bis et guer net méi geet - well da beweegt sech souwisou eppes -, mä am Fong geholl virun de Wonlafen an déi Décisiounen huelen, déi musse geholl ginn.

Här President, d'Energiefro ass zur Schicksalsfro vun der Mënscheit ginn, virun allem duerch de Klimawandel. Mir hu keng Zäit méi ze verléieren, et ass net 5 vir 12, mä et ass 5 op 12. Mir gesinn et all Dag. Wa mer gesinn, wat mer eleng fir d'Stuerschied an deenen Zäite scho musse bezuelen; fir dat Geld kënnt ee schonn enorm vill maachen.

Ee Wuert nach heizou: Wann ee gesäit, wat d'Mënscheit de Moment an d'Rüstung investéiert - d'USA eleng investéieren iwwer 100 Milliarden Dollar all Joer an d'Rüstung! Ech hu beim Här Professor Radermacher gelies, datt fir d'Millenniumsziel ze erreeche bis 2015, mer exakt dee Betrag bräichten, fir all déi Länner, déi am Hannerdriewe sinn, un déi Ziler erunzeféieren, a wann een dat mécht, da kritt ee jo och automatesch dann den Energieproblem mat an de Grëff.

Wär et net méiglech - vläicht kënnt dat klengt Lëtzebuerg jo emol eng Initiativ huelen -, fir eng international Konventioun ze initiéieren, wou all Land sech géing engagéieren, 50% vu sengem Rüstungsinvest an esou e Programm ze investéieren? Well wéi gesot, mir hu keng Zäit méi ze verléieren, et ass net 5 vir 12, et ass 5 op 12.

■ **Une voix.**- D'Amerikaner...

■ **M. Robert Mehlen (ADR).**- Och Lëtzebuerg, Här President: Mir hunn e Gesetz gestëmmt, wou mer ronn sechs Milliarde Frang oder 120 Milliarden Euro an e Flieger investéieren, deen, realistes gekuckt, fir d'Kaz ass. Well éier dee flitt, ass de Pétrol schonn esou

knapp ginn, datt et problematesch gëtt, fir e fléien ze loossen. Wat hätt ee mat all deem Geld, mat sechs Milliarden, bis 2017 scho kënnen hei zu Lëtzebuerg fir d'Reduzéierung vun eise Energieverbrauch, fir d'Effizienzsteigerung an eise Energiecomportement investéieren?!

Här President, ech kommen zum Schluss. Dese Projet brauche mer, en hëllef eis, fir an der Iwwergangszäit iwwert d'Ronnen ze kommen an eise Kyoto-Verpflichtungen nozekommen, mä en entbënn eis op kee Fall - an do stellen ech mech hannert alleguer déi, déi fuerderen, datt mer de Maximum maachen, datt mer e konkrete Programm brauchen, konkret Mesurë brauchen, fir och hei zu Lëtzebuerg de Maximum ze maachen - aus eiser Verpflichtung. Aus deem Grond wäerte mir deem Projet eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen Iech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Mehlen. Den Här Goerens huet nach d'Wuert gefrot.

■ **M. Charles Goerens (DP).**- Här President, ech hat am Fong geholl net wëlles, an déi Debatt hei anzegräifen, an ech wollt och kengem seng Planung fir den Owend duerchräizen, mä ech wollt just ee Punkt hei awer kloerstellen. Ech hunn hei, wéi mer den éischten Allocationsplang fir de Kyoto den 31. Mäerz 2004 presentéiert hunn, ganz kloer gesot, wat ech och an der Tripartite deemools gesot hunn, datt mer e Reduktionsziel hätten, deem seng Héicht nach zum Deel an der Loft géing hängen, well et net sécher wier, wat fir eng Basis, dat géing zrëckbehal gi fir d'Reduktionsziel ze rechnen.

Ech erkläre mech: Den Här Bodry - mat deem ech och doriwwer geschwat hunn a mat dem ech eens war, fir dat esou ze presentéieren - huet 1998 e Reduktionsziel vun 28% akzeptéiert. 28% vu wat? 28% vun dem Emissionspotenzial vun 1990. Wat war dat? Waren et 12,5 Millionen Tonnen oder waren et 14 Millionen Tonnen. Mir sinn dovun ausgegangen, datt et 14 Millionen Tonne wieren. Den Här Bodry huet nämlech säin Accord 1998 ginn, well en dovun Ausgang ass, datt ronn 14 Millionen Tonnen am Joer 1990 émettéiert goufen.

Dat do ass net anodin, well 72% Emissionsrechter vu 14 Millionen Tonnen ass eppes anescht wéi 72% Emissionsrechter vun 12,5 Millionen Tonnen. An déi Differenz kënnt dohier, well et nämlech an der Ëmweltverwaltung verpasst gi war, fir de richtege Koeffizient ze applizéieren op der Ëmrechnung vun den Héichuewegasen op CO₂-Equivalenten.

Dofir konnt den Här Bodry net, dofir konnt keen, dee virun him do war, an och keen, deen no him d'Verantwortung an deem Ministère huet. Ech wollt nach eng Kéier betounen, dass dat hei ganz kloer gesot ginn ass - ganz kloer - wou deemools eng Partie Deputéierte waren an och Netdeputéierten, déi dat hei héieren hunn.

Mir sinn dovun ausgegangen, datt mer am Intérêt vum Land sollen déi politesch Ausso, déi den Här Bodry deemools gemaach huet, respektéieren; an dat Reduktionsziel, wat hien deemools annonciéiert huet zu Bréissel, ass op Grond vu sengem deemolege Kenntnisstand zustane komm.

Dat ass emol dat Éischt wat ech soe wollt. A menges Wëssens no huet d'Regierung dat do Zil bis elo jiddefalls nach net opginn, fir nach ëmmer fir déi 72% Emissionsrechter vu 14 Millionen Tonnen ze kämpfen. De Minister kënnt jo

duerno, da kann hien eis jo soen, wat hien dovunner hält.

Dat Zweet - och zur Klärung vun de Begrëffer -, wat ech wollt soen, ass: Mir haten hei e Konsens fir mat de Suen, déi am Entwécklungsbudget stinn, Entwécklungspolitik ze maachen. Schonn eleng op Grond vun der Method, déi de Comité d'aide au développement vun der OCDE applizéiert, kënnen déi Suen net gebraucht gi fir aner Saachen ze maachen, à moins datt ee vun deem Budget Suen ewechhëlt an da kritt een déi net als éligibel gëlle gelooss au titre vun der Aide publique au développement.

Hei hu fënnef Parteie gesot, si wiere bereet op 1% ze goen an ech wier och frou wa mer dee Konsens kéinte bäibehalen. Ech hunn op Grond vun den Interventiounen, déi elo gemaach goufen, net méi d'Gefill, datt dat nach eng konsensfäeg Positioun wier.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Goerens. Elo huet dann d'Regierung d'Wuert. Här Minister Lux, wann ech gelift.

Ech wollt direkt nach ernimmen, dass mer nom Här Minister net ofstëmmen. D'Ofstëmmen ass mar de Mëttel um Ufank vun der Sëtzung oder nom éischte Projet de loi.

(Interruptions diverses)

Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt um Enn vun deser laanger Debatt probéieren, net aus mangelndem Respekt virun dem héijen Haus, fir net op all Froen, all Suggestiounen, all Bemerkungen, déi de Mëttel hei gemaach si ginn, anzegoen. Ech mengen, dass et déi nächst Wochen a Méint Geleeënheete wäert ginn, no dem Ofschloss vun de Workshops, déi mer maachen, beim Virleeë vun der Potenzialstudie, déi mer amgaang si mam Professor Ewingmann a sengem Institut ze maachen, fir dat parlamentaresch ze beuerteelen an dann och Réckschlëss fir d'Zukunft ze ginn.

Ech kann och dat meescht, wat de Mëttel hei gesot ginn ass, souwuel wat d'Vergaangenheet ubelaangt, wéi och déi schéin Ausflich an déi paradisesch Zoustänn, déi de Kolleeg Camille Gira hei gemaach huet, gradesou ënnerschreien, wéi och viles, wat fir d'Zukunft gesot ginn ass.

Ech hu just ee Punkt, wou ech net d'accord sinn a wou ech onmëssverständlich och direkt am Ufank wëll soen, dass ech déi Aschtzung, déi de Kolleeg Gira hei gesot huet, net deelen. Déi Bemerkung, dass de Vote vun deem Projet bedeit, dass mer definitiv et opgi fir duerch national Ziler eis Engagementer am Kyoto-Prozess ze erreechen an dass dat eng onmoralessch Décisioun ass, déi muss ech ganz schaarf zrëckweisen.

Ech mengen, dass mer an deene leschte Méint versicht hu fir an enger ganzer Rei vun Décisiounen ze weisen, dass et eis eescht gemengt ass fir prioritär, awer wierklech prioritär, dofir ze suergen, dass mer net eleng iwwer flexibel Mechanismen eis fräikafe ginn, mä dass mer duerch inlännesch, national Moossname wëllen dofir suergen, an dass mer hei zu Lëtzebuerg wëllen ufänken.

Dat ass domadder ugaangen - an Dir misst dat, Här Gira, am beschte wëssen -, dass des Regierung déi éischt Regierung war, déi akzeptéiert huet, eng Motioun vun deene Gréngen, déi hei während Joren agereecht ginn ass, fir eng Kéier eng transparent, seriö Analys iwwert de Phenomeen vum Tanktourismus ze maachen, virzehuelen. Dat ass weidergaangen doduerch, dass mer ganz schnell am Dezember 2004 hei d'Direktiv Kyoto emol ratifizéiert hunn, dass mer dem Professor Ewingmann d'Potenzial-

studie an Optrag ginn hunn, dass mer dat fräi gemaach hu mat allen Décideuren dobaussen, mat den ONGen, mat de Betriber, mat de Chambres professionnelles, mat jiddferengem an de Workshops, dee bereit war fir dorunner matzeschaffen.

Ech mengen och, dass mer beim öffentlichen Transport awer mussen zur Kenntnis huelen, dass mer an de Budgeten 2005 an 2006 fir d'éischte Kéier säit laange Joren am Fonds du rail méi Investitiounen virgesinn hunn an tätege wäerten, wéi am Fonds des routes. Dat ass laang ëmmer hei gegäisselt ginn an esou virun, mir mussen dann awer vläicht eng Kéier akzeptéieren, dass des Regierung d'Prioritéit setzt op den öffentlichen Transport, mat all deene Moossnamen, déi op deem Gebitt virgesi sinn. An den Här Goerens weess dat, well a senger Strategie, déi hien 2000 am Mee scho virgeluecht huet, waren eng ganz Rei vu Moossnamen. Sécher ass d'ökologesche Besteuerung vun den Autoen näischt, wat onbedéngt dobausse bei jiddferengem op grouss Begeeschterung stéisst.

Dir musst awer zur Kenntnis huelen, dass fir d'éischte Kéier de Finanzministère an den Ëmweltministère an engem gemeinsamen Aarbechtsgrupp amgaang sinn dat doten ze preparéieren, fir dass et den 1. Januar 2007 kann ëmgesat ginn an dass mer, wann ech d'Buergermeeschtesch vun Esch hei viru mer gesinn, beim Ausstosse vun der Wärmrt, déi bei der TWINerg produzéiert gëtt, fir d'éischte Kéier elo iwwert d'Schafe vun der Sudcal et fäerdeg bréngen, dass mer dat fir d'Frichen a fir d'Urbaniséierung vun de Frichen notzen an net einfach esou an d'Loft erausstoussen.

An ech menge schlussendlech, dass mer musse gesinn, dass um Niveau vun dem neie Förderregime fir d'erneierbar Energien, ech honnert Mol den „mea culpa“ gemaach hunn, dass mer an déi Situation gerode sinn, dass mer den 1. Januar 2005 kee Regime haten an dass ech deen Éischte sinn, deen dat bedauert huet, dass dat esou war.

Ech kann Iech awer soen, dass ënnert deem neie Regime, wou mer virun allem drop Wäert geluecht hu fir thermesch Solaranlagen ze fördern, méi staark wéi d'Fotovoltaik, well et eiser CO₂-Bilanz eppes bréngt, dass mer virun allem e ganz staarken, vill méi staarken wéi an iergendengem vun eise Länner ronderëm, Förderregime maache fir Passiv- an Energiehaiser a fir den Assainissement vu bestoenden Haiser.

An ech muss Iech och soen - an ech sinn dofir kritiséiert ginn -, dass jo eng Deckelung an dem Regime virgesi war, fir ze soen: Mir mussen oppassen, dass dat eis finanziell net erëm aus dem Rudder geréit. An dunn hu mer jo 200 Haiser, 300 Appartemenz gedeckelt. Dat ass zum Deel zurecht kritiséiert ginn, mä ech kann Iech soen, dass d'Zuelen haut weisen, dass mer déi Deckelung, déi mer do dragest hunn, wäit wäerten iwwerschreiden, dass vill méi Demanden haut schonn do si fir Niddregenergiehaiser a Passivhaiser.

An ech kann Iech och soen - ech hoffen, dass Dir dat awer och da positiv zur Kenntnis huet -, dass d'Regierung leschte Freiden déciéiert huet, fir kuerzfristeg de Règlement grand-ducal ze änneren an d'Deckelung op all deene Gebidder do opzehiewen an all déi Förderungen do ze maachen.

Ech wëll also domadder soen, dass keen eis hei soll de Virworf maachen, wéi wa mer an deene leschte Méint net gewisen hätten, duerch eng ganz Rei vu konkreten Initiativen an Décisiounen, dass mer net onmoralessch eis wëlle fir all eis Engagementer iwwert de Wee vu flexibel Mechanismen fräikafe goen; dat ass net wouer.

An zweetens wëll ech och ëmmer erëm soen, dass de Kyoto-Protokoll - an dat ass zum Schluss hei vum Kolleeg Mehlen nach eng Kéier gesot ginn - a senger Method flexibel Mechanismë virgesäit. Ech si jo och der Meenung, dass mer dat prioritär hei solle maachen, mä et soll een awer net soen, wa mer mar 30, 40 an och vläicht 50% mussen iwwer aner Weeër goen, dass dat onmoralesch ass.

Neen, dat ass e feste Bestanddeel vun deem, wat d'Diskussiounen zu Kyoto waren, well: Wéi si se entstanden? Si sinn entstanden, well d'Entwécklungslänner zu Kyoto verlaangt hunn, fir ouni weider soss Engagementer Sue vun eiser industrialiséierter Welt, zu Recht, an e Fong ze kréien, wou si da géingen décidéieren, wat se mat deene Sue géife maachen. A well dat d'Industrialänner net wollten akzeptéieren, dee Blankoscheck, sinn d'flexibel Mechanismen entstanden, fir ze soen: Mir si bereet ze investéieren, mä da muss et verbonne si mat dem Zweck vum Kyoto-Protokoll, nämlech Engagementer um Niveau vun der Erofsetzung vun den CO₂-Emissiounen. Dat war de Bestanddeel vun där Diskussioun, déi deemools gefouert ginn ass, an déi zu de flexibele Mechanisme gefouert huet.

Duerfir, mengen ech - an dat sinn déi zwou eenzeg Saachen, déi ech den Owend hei soe wëll -, mir sollten elo déi Potenzialstudie schnell zu Enn bréngen. Elo laang ze diskutéieren, ob mer dat scho viru siwe Joer, viru fënnef oder viru véier Joer hätte maache sollen, bréngt eis elo net virun. Ech mengen, mir musse se elo schnell zu Enn bréngen.

Ech kann lech soen, dass mer den 3. Abrëll an engem Workshop den Ofschloss vun den Diskussiounen wëlle maachen. D'Regierung ass sech a villem eens, wat mer maache wëllen. Eenzel lwwerraschunge wäert och Dir, Här Gira, zum Beispill an der Fro vum Tanktourismus nach an eise Propositiounen kréien, wa mer se op den Dësch leeën. Mir sinn eis eens den

3. Abrëll dee Workshop ze maachen. Ech mengen, mir sinn eis driwwer eens, dass de Statsminister a senger Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun, den 2. Mee hei an der Chamber, och en Ufanksdeel vun éischte Mesuren an der Potenzialstudie wäert ukënnegen, fir kloerzemaachen, dass dat de Wee ass, dee mer goe wëllen.

An dann zu der Direktiv hei nach eng Bemierkung. Och do hate mer déi Diskussioun mat den ONGen iwwert d'Froen Deckelung am Gesetz vu 50%, Kritären an d'Gesetz, e Comité mat den ONGen, fir mat deenen ze diskutéieren, an d'Gesetz. Ech mengen, och do hu mer eng Décisioun geholl, déi parfaitement kompatibel ass mat deem, wat de Kyoto-Protokoll a wat och d'Kommissioun zu Bréissel seet. Si seet ganz prezis: Maacht eng Deckelung. Wann Der eng maacht, maacht se am Allocatiounsplang an diskutéiert se mat de Betriber.

Mir mussen an deenen nächste Wochen a Méint mat den Entrepreneuren, dat hu mer an engem Workshop virun zwou Wochen ugefaangen, doriwwer diskutéieren. Mir musse mat Bréissel diskutéieren. Ech kann och dem Charel Goerens hei vun dëser Plaz aus soen: Mir wëllen op Bréissel goe mat der Zilsetzung fir iwwer 12,5 Milliounen ze diskutéieren. Mir wëssen net, ob mer domadder Erfolleg wäerten hunn, mä mir sinn der Meenung, dass 12,5 Milliounen als Deadline dee richtege Chiffer ass, an dee wëlle mer och zu Bréissel diskutéieren. Dass dat keng einfach Diskussioun wäerte ginn, däärs si mer eis bewosst.

Mir wëllen och zu Bréissel kloer maachen, dass mer spezifesch Situatiounen hunn, dass den Undeel vun deene 5,5 Milliounen Tonnen, eleng iwwert den Export vum Sprit, dass dat eng ganz spezifesch Situatioun fir Lëtzebuerg ass. Mer hätte gärden, dass Bréissel dat zur Kenntnis hält. Mir wëllen och hunn, dass Bréissel zur Kenntnis hält, dass...

■ **Une voix.** - ..., dat ass och eng spezifesch.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Ech mengen, wa virun déi Chiffere genannt gi sinn, wou gesot ginn ass, den Export vum Sprit an den Import vum Stroom hu sech do d'Gewicht gehalten, wësse mer awer haut...

■ **Une voix.** - 1997.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - 1997! Mä, ech mengen, wa mer awer elo - 1997 ass dat richtege -, mä wa mer d'Zuelen awer huele vun 2005, da wësse mer, dass den Export vum Sprit lagement deen dépasséiert vun deem, wat den Import vum Stroom zu Lëtzebuerg ausmécht. Ech mengen, do kënne mer esou vill studéiere wéi mer wëllen, et ass evident, dass do bei 5,5 Milliounen Tonnen, eleng aus dem Export vum Sprit, dass dat ganz evident an déi Richtung geet.

A mir wëllen déi Spezifisitéiten zu Bréissel uféieren, och wat d'Situatioun vun TWINerg ausmécht, wat a sech eng ökologesch sënnvoll a richtege Mesure ass, déi eis awer 1,1 bis 1,2 Milliounen Tonnen Emissiounen eleng an eisem Potenzial ausmécht. Déi Spezifisitéiten, déi iwwregens duerch de Kolleeg Charel Goerens 2002 am Conseil, wéi d'Direktiv definitiv arrétéiert ginn ass, jo an enger Annotatioun vu Lëtzebuerg och en bas de page bäibehale gi sinn, an esou virun, mä eis dat awer näischt genotzt huet, well d'Kommissioun awer net méi wéi dat doten zur Kenntnis wollt huelen. Déi Diskussiounen, mengen ech, musse mer also zu Bréissel féieren. Duerfir soen ech: Loosst eis an dem Allocatiounsplang déi Deckelung mat den Entrepreneuren a mat der Kommissioun diskutéieren.

Huet awer, mengen ech, zur Kenntnis, dass dës Regierung an och de Kyoto-Comité an ech selwer op sinn zu all Moment, fir mat den ONGen ze kucken, wat fir eng Projekte mer maachen, dass se

solle sënnvoll sinn. Duerfir, mengen ech, muss een awer soen, dass den Agrément vun engem Projet jo näischt ass, wat een nëmmen zu Bonn mat engem Bréif matdeelt a seet: Mir hunn elo e Projet am El Salvador gemaach, 500.000 Tonnen, huet dat wann ech gelift zur Kenntnis a rechent eis déi un.

Esou geet et jo net! Dat ass eng ganz haartnäckege Analys vun de Projeten, déi do gemaach gëtt. Déi ginn op Härz an Niere gepréift, ob se allen ekologeschen nohaltege Kritären entsprechen, ob se net am nukleare Beräich stattfannen, ob se net an deenen an deene Beräicher stattfannen.

Ech mengen, mir kënnen net einfach duerch d'Welt mat der Scheckkaart goen a soen: Hei e puer Tonnen an do e puer Tonnen, an esou virun. Esou geet et jo a Wierklechkeet net. Duerfir vläicht awer e bësse Vertrauen, dass an deem Prozess do dat seriö gekuckt gëtt an dass de Kyoto-Comité an de Ministère zu all Moment bereet sinn, souwuel iwwert d'Deckelung dann am Allocatiounsplang, wéi och iwwert d'Kritäre mat den ONGen a mat all deenen, déi dat wëlle maachen, ze diskutéieren.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss.

Ah! Den Här Goerens huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

■ **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, ech wollt just nach eng Kéier vum Minister wëssen, ob hien sech elo op 72% vu 14 Milliounen Tonne baséiert zu Bréissel oder op 12,5.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - 12,5.

■ **M. Charles Goerens (DP).** - Dat heescht, Dir verdeedegt déi zéng Milliounen net méi?

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Mir verdeedegen zu Bréissel 12,5 Milliounen Tonnen.

■ **M. Charles Goerens (DP).** - Jo, neen. Här President, ech hu mech vläicht net kloer ausgedréckt. Wann een 72% Emissiounsrechter huet vun eppes iwwer 14 Milliounen Tonnen,...

■ **Une voix.** - 10,08.

■ **M. Charles Goerens (DP).** - ...da kritt een der herno zéng Milliounen eraus. Wann een 72% verdeedegt vun 12,5 Milliounen Tonnen,...

■ **Une voix.** - Dann néng.

■ **M. Charles Goerens (DP).** - ...kritt een néng Milliounen Tonnen eraus.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Jo.

■ **M. Charles Goerens (DP).** - Mir haten deemools zéng Milliounen Tonnen Output verdeedegt. Wann ech lech sënngemeiss verstinn, mengen ech, wollt Der soen zéng Milliounen Tonnen.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Jo.

■ **M. Charles Goerens (DP).** - Voilà! Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, fir déi Kloerstellung.

Ech wollt just soen, wann ech d'éineschter gesot hunn, dass mer muer ofstëmmen, dann ass dat, well d'Presidente vun de Fraktiounen gesot hunn, et géif muer ofgestëmmt ginn. Mir proposéiere muer nom éischte Projet ofzestëmmen, net um hallwer dräi, mä nom éischte Projet. An ech soen lech alleguerte Merci, dass Der esou laang hei bliwwen sidd.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.49 heures)



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber live

Chamber TV

och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag

vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

■ Composition
& Organisation

■ Séances publiques
& Commissions

■ Hôtel de la Chambre

■ Portail documentaire

■ Web TV live